# RIPEVUSCH

ZEITUNG VUN DER GEMENG USELDENG

N° 1 / 3 – 2020




RIPPWEILER | EVERLANGE | USELDANGE | SCHANDEL

SOMMAIRE

## PRÉFACE



## GEMENG


Extrait du registre aux délibérations 05
Héichwasserschutzkonzept fir Neijooschrezeptioun 07
D´Gemeng Useldeng bougéiert weider-och an Coronazäiten! 08
Qualité de l'eau potable 10
Gedenkfeier fir de Pierre Hommel 11
Keen Offall an d'Natur ! 13
Autisme Luxembourg asbl 14
Maison Relais bei de Fliedermais 16
Neit Gemengepersonal 18
Nei Subsiden fir d'Awunner 20


## DUERFLIEWEN


Senioreforum 22
„Maria, mir ruffen zu Dir!" 24
Robin 25
Armand Kleer 26




## VERÄINSLIEWEN


Harmonie Useldeng 27
F.C. Jeunesse Useldeng 28


## GESCHICHTLICHES AUS DER GEMENG


Schwaarz Seef 31


## DE GRÉNGEN ECK


Klima Pakt News 33
Super Dréckskëscht 39
Natur am Duerf 41


## AM KANTON


Guiden a Scouten St. Maximilien Kolbe 42
Gemeinsame Feier im Home Saint Fançois 44
Tourist-Info Atert Wark 45
Visitt guidéen op der Buerg 46
Kannerclub Réidener Schwëmm, Logo- und Namenswettbewerb 47
Réidener Schwëmm, 100.000 ten visiteur 48
Europadag 2020 am Zeeche vum Coronavirus 49


## SERVICE


Holzverkaf 2020 51
Détecteur de fumée 52
Police – prévention cambriolage 53
Par Atertdall 55
LGS St Maximilian Kolbe – Communiqué de presse 56


## D'REZEPT VUN DER BOMI


Feierstengszalot 57


## AGENDA

Wann Dir Loscht hutt fir beim „Ripevusch" matzeschaffen oder heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënnt Dir Iech beim Pollo Bodem mellen (bodemp@pt.lu). Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Internet op www.useldeng.lu


Merci dem Gaby Pavant
**Redaktiounsschluss fir den Ripevusch 2/2020: 09.08.2020!**
Foto Cover: Tom Lehnert / Mise en page: Apart
Impression: imprimerie reka / Tirage: 850 exemplaires

# Gedanke vum Buergermeeschter an enger drolicher Zäit!



Ech schreiwen dësen Artikel an enger Zäit, wou innerhalb vun e puer Deeg a Lëtzebuerg, an Europa an op der ganzer Welt, villes aneschters ginn ass.

Eis Äerd huet ee Coup kritt, wou nach kee weess, wat déi definitiv Konsequenze wäerte sinn.

Mir wëssen, dass dee Virus - Corona oder SARS2-Covid19 genannt -, aus China kënnt, offiziell vun engem Maart aus der Milliounemetropol Wuhan, wou mat Déiere gehandelt gëtt, a Gerüchten no aus där selwechter Stad, mee duerch een Accident aus engem Biolabo, wou u ville Fliedermais- an anere Viren experimentéiert ginn ass an nach gëtt.

Dat loosse mer elo emol am Raum stoen an ech sinn nit bekannt derfir, fir Fakenews ze verbreeden. Fakt ass, dass mer elo mat deem „Fléau“ mussen ëmgoen, an dat ass och eigentlich de Sujet vun dësen Zeilen.

Nodeems mer de 15. Mäerz offiziell vun der Regierung an d´Bild gesat goufen a wéi duerno den „État de crise“ ausgeruff gouf, wousste mer spéitstens dunn, wat lass war.

De 16. Mäerz hu mer als Gemeng déi Precautioune geholl, déi der kennt, an och leider mat aschneidende Moossname fir eis Bierger alleguer.

D´Gemeng am „Stand by“ fonctionéiere loossen, virgesinn Hochzäiten annuléieren, reportéieren oder just nach am ganz enke Familljekrees ofhaalen, Schoulen, Maison Relais a Spillplazen zoumaachen, grouss Manifestatiounen ofsoen asw., si beileiwen nit déi populärste Mesuren an Decisiounen, déi de Buergermeeschter mat sengem Scheffen- a Gemengerot huet missen huelen.

Ëmsou bemierkenswäerter ass et, dass eis Populatioun dat mat engem Seriö an enger Disziplinn matgedroen huet, wat einfach exemplarisch war.

Mir kruten ugebueden ze hëllefe wann Nout um Mann wier. Jiddweree war gefuerdert, nodenklich an dach nit iwwerfuerdert. D´Schoulpersonal huet sech missen ëmstellen, d´Kanner souwisou och. Se waren op eemol ageengt an hunn emol misse versichen ze verstoen, wat dann eigentlich lass war. Een huet deen aneren ermontert an owes gouf Musik gespillt, fir de wierklechen Helde vun dëser Kris, dem medezinnische Staff, den Dokteren, dem Spidolspersonal, dem Fleegepersonal an den Altersheimer a Geriatrien, dem Rettungswiesen an alle Beruffer, déi un där alleréischter Front gekämpft hunn, merci ze soen...

De fréieren däitsche Bundeskanzler Helmut Schmidt huet eemol gesot: „In der Krise erkennt man den wahren Charakter der Menschen!“

Abee, an eiser Gemeng hunn eis Biergerinnen a Bierger nach déi richtig Astellung.

De Kampf géint deen onsiichtbare Feind ass nach nit eriwwer an d´Follgen dervun nach absolutt nit iwwerschaubar.

Trotzdeem wéilt ech elo schonns op dësem Wee, den oprichtigen a grousse Merci un all Biergerin a Bierger ausspriechen, fir dat besonnend Verhalen an d´Akzeptanz an dëser eemoliger Zäit!

Et gëllt weiderhin de Spagat ze maachen tëschent Fräiheetsrechter a Recht op Liewen. Dat ass nit einfach an dach musse mer eis bewosst sinn, dass d´Suitte vun dëser Kris, emol reng ökonomisch gesinn, déijéinig vum 2. Weltkrich kéinten depasséieren.

Mir hunn d´Chance an engem Land ze liewen, wat wirtschaftlich a finanziell bis elo op feste Féiss stoung. Mir mussen eis awer och bewosst sinn, dass wann d´Aschränkungen opgehuewe sinn, eng aner Loft dobausse bléist.

Grouss, kleng a Mëttelbetriber wäerte mussen ëm hir Existenz kämpfen, an de Rees- an Horescaberäich dierft et am schwéiersten treffen. Duerfir soll och hei den Appell lancéiert sinn, fir eis lokal Geschäftswelt, eis Handwierksbetriber, eis Bistroten a Restauranten a vill anerer an der Zäit duerno weiderhi voll ze

PRÉFACE

ënnerstëtzen. Si hunn et verdingt, a grad an de leschte Méint konnte mer feststellen, wat et heescht, Commercen an der Gemeng ze hunn, wéi wichtig se sinn a wéi eigentlich de sozialen Zesummenhalt iwwerhaapt fonctionéiert.

Traurig ass et, wann eis Sportswelt buschtaflich um Äis läit, wann eis kulturell Veräiner nit méi hiren Aktivitéiten kënnen nogoen, wann eis Veräiner hir Generalversammlungen nit méi kënnen ofhalen, bref wann dat ganzt Duerfliewen um Buedem läit.

Dat hu mer missen esou zur Kenntnis huelen, an duerfir ass et duebel wichtig an Erënnerung ze ruffen, wat Proximitéit ass a wat och d´Veräinswelt fir eng Gemeng bedeit.

Mir ware wonnerbar an d´Joer 2020 gestart a si ganz zolidd gebremst ginn: Annulatioun vum Mëttelalterfest, Annulatioun vun deene ville geplangten Organisatiounen am Kader vun 125 Joer Useldenger Musik a 75 Joer Football, Annulatioun vu Kommunioun, Feierlechkeete bei Geleeënheet vu 75 Joer Krichsenn, keng Ouschterfeierlechkeeten, keng Sonndesmassen an och keen Nationalfeierdag!

Mee, mir sollten och dat Gutt vun dëser Kris gesinn!

Méi Zäit fir eis selwer a fir eis Famill, obschonns mer nit hunn dierften am grousse Krees beienee sinn, méi Zäit fir nozedenken iwwert d´Wäerter vun enger gutt fonctionéierender Gesellschaft , méi Zäit fir emol erëm eise Flouer besser kennen ze léieren an eis schéin Tréppelweeër nei ze entdecken.

Méi Zäit och, fir emol erëm op de Vëlo ze klammen a sech un déi sportlech Evenementer aus der Jugendzäit ze erënneren…

D´Natur am Fréijoer ze erliewen ass eppes Besonnesches, d´Hektik hanneru sech ze loossen an d´Rou ze genéissen, ass och vill wäert an einfach ee Genoss.

Trotzdeem huet de Gemengebetrib misste weider dréinen a munch spontan Decisioun war gefrot.


Bannent kuerzer Zäit 10.000 Schutzmasken ze verdeelen, war eng zousätzlich Erausfuerderung. Stolz ass de Buergermeeschter mam Scheffen- a Gemengerot op eist Personal aus der Gemeng an der Maison Relais, déi ouni ze meckeren eng grouss Hand mat ugeluecht hunn, soudass am Rekordtempo och déi Missioun erfëllt war.

Telefons- a Videokonferenze waren och Neiland. An esou konnte mer dann och zur Kenntnis huelen, wéi wäit déi digital Kommunikatioun momentan fortgeschratt ass.

Dës Coranavirusplo geet iergendwann eriwwer. A wéi se dann d´Welt verännert huet, wäerte mer nach gewuer ginn.

De ganze Staff vun der Gemeng wënscht, trotz allem, fir déi kommend Päischtdeeg iech alleguer Fridden an Zefriddenheet, eng gutt Gesondheet, een neien Opschwong, beruflich a privat an virun allem keng düster Perspektive fir d´Zukunft!

*Äre Buergermeeschter*



# Extrait du registre aux délibérations

## Extrait du registre aux délibérations du conseil communal de la commune d'Useldange

GEMENG

## Séance du 25 février 2020

### Modification d'un poste de salarié à tâche intellectuelle

Le conseil commmunal a modifié un poste de salarié à tâche intellectuelle en poste de chargé technique, groupe de traitement B1 du statut des fonctionnaires communaux.

### Introduction du compte-épargne temps

Les conseillers communaux ont voté en faveur de l'introduction du compte-épargne temps pour les salariés à tâche manuelle de la commune d'Useldange.

### Présentation du plan pluriannuel (PPF 2020)

- Les conseillers communaux ont pris connaissance du plan pluriannuel financier 2020.
- Les recettes ordinaires 2020 s'élèvent à 9.575.996€.
- Les dépenses ordinaires 2020 s'élèvent à 7.031.357€.
- Les recettes du Fonds de Dotation Globale des communes s'élèvent à 6.480.550€ et l'impôt commercial s'élève à 125.66€5

### Décompte du réaménagement des vestiaires et de la buvette

Le décompte du réaménagement des vestiaires et de la buvette a été voté unanimement.

- Total de la dépense effective : 60.585,40€.
- Engagement Subside du Ministère des Sports : 15.300€.

### Vote du projet d'aménagement particulier : PAP Im Schiessbierg et PAP : Helpersbierg

Le collège échevinal a présenté aux membres du conseil communal les plans concernant le projet d'extension de l'école fondamentale et de la Maison Relais.

### Vote de divers règlements communaux

### Vote d'une prime à allouer aux résidents pour la réalisation d'un jardin naturel

Le conseil communal donne une aide de 100€/projet pour la réalisation d'un jardin naturel.

### Modification de la subvention revenant aux particuliers pour la mise en place d'une installation pour la collecte des eaux de pluie

Le montant de la subvention a été fixé à 150% de celui de l'état avec un maximum de 1.500€.

Cette subvention est valable pour toutes les installations commandées à partir du 1.1.2020 sous réserve d'éligibilité.

La liquidation de la subvention se fera au vu du document attestant l'obtention de la prime étatique.

### Modification de la subvention revenant aux particuliers pour la mise en place d'une installation photovoltaique

Le montant de la subvention a été fixé à 125% de celui de l'état avec un maximum de 2.000€.

Cette subvention est valable pour toutes les installations commandées à partir du 1.1.2020 sous réserve d'éligibilité.

La liquidation de la subvention se fera au vu du document attestant l'obtention de la prime étatique.

GEMENG

## AVIS

Il est porté à la connaissance du public que conformément à l'article 30 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, la délibération du conseil communal en date du 25 février 2020, portant adoption du projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Useldange au lieu-dit Schiessberg présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte du Fonds du Logement a été approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 2 avril 2020 sous la référence 18702/109C.

Le dossier de l'approbation pourra être consulté pendant les heures d'ouverture au service technique.

La présente décision sort ses effets sans préjudice des charges qui grèvent ou pourront grever les fonds en question en vertu d'autres dispositions légales ou règlementaires.

En exécution de l'article 16 de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives, un recours en annulation devant les juridictions de l'ordre administratif peut être introduit contre la présente dans les trois mois qui suivent la notification de la décision aux parties intéressées ou le jour où ces derniers ont pu en prendre connaissance.

Useldange, le 23 avril 2020
Le Secrétaire communal f.f., Pit LANG
Le Bourgmestre, Pollo BODEM

## AVIS

Il est porté à la connaissance du public que conformément à l'article 30 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, la délibération du conseil communal en date du 25 février 2020, portant adoption du projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Useldange au lieu-dit Helpersbierg présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la société FRAMARO S.A.R.L. a été approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 25 mars 2020 sous la référence 18810/109C.

Le dossier de l'approbation pourra être consulté pendant les heures d'ouverture au service technique.

La présente décision sort ses effets sans préjudice des charges qui grèvent ou pourront grever les fonds en question en vertu d'autres dispositions légales ou règlementaires.

En exécution de l'article 16 de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives, un recours en annulation devant les juridictions de l'ordre administratif peut être introduit contre la présente dans les trois mois qui suivent la notification de la décision aux parties intéressées ou le jour où ces derniers ont pu en prendre connaissance.

Useldange, le 23 avril 2020
Le Secrétaire communal f.f., Pit LANG
Le Bourgmestre, Pollo BODEM

## RÈGLEMENTS COMMUNAUX

| | conseil communal | approbation | publication | entrée en vigueur |
|---|---|---|---|---|
| Introduction d'une taxe pour interventions du service technique | 11/12/2019 | 13/03/2020 | 01/04/2020 | 04/04/2020 |
| Modification de la subvention revenant aux particuliers pour la mise en place d'une installation photovoltaique | 25/02/2020 | non soumise | 09/04/2020 | 12/04/2020 |
| Modification de la subvention revenant aux particuliers pour la mise en place d'une installation pour la collecte des eaux de pluie | 25/02/2020 | non soumise | 09/04/2020 | 12/04/2020 |
| Règlement communal relatif à la gestion des déchets ménagers | 22/11/2019 | 28/01/2020 | 01/02/2020 | 17/02/2020 |
| Règlement -taxe relatif à la gestion des déchets | 22/11/2019 | 03/03/2020 | 17/03/2020 | 01/07/2020 |

# Neujahrsempfang 2020 der Gemeinde Useldingen



**Das Kollegium der Bürgermeister und Schöffen lud zur traditionellen Jahresabschlussfeier ein**

Im Kulturzentrum in Useldingen fand die diesjährige Ausgabe des traditionellen Neujahrsempfanges der Gemeinde Useldingen am Freitag, den 10. Januar 2020 statt.

Bürgermeister Pollo Bodem ließ in seiner Ansprache das vergangene Jahr Revue passieren, und stellte dabei fest, dass die Gemeinde stetig größer wird, und einen Wandel auf vielen verschieden Ebenen erlebt.

Anschließend bedankte sich Pollo Bodem bei sämtlichen Mitarbeitern des technischen Dienstes, der Gemeindeverwaltung, des Schulpersonals, des Personals der Maison Relais und den vielen freiwilligen Mitarbeitern in den verschiedenen Gemeinde-Kommissionen für ihre wertvolle Arbeit im vergangenen Jahr, bevor er einen Ausblick über die geplanten Tätigkeiten für das neue Jahr 2020 gab.

Auf personaler Ebene wurde der scheidenden Mitarbeiterin Maggy Waltzing-Schmit, die am 3. Juli 2019 in den Ruhestand trat, für 24 Jahre guter und treuer Dienste gedankt.

Des Weiteren wurde das 20jährige Mitwirken im Gemeinderat von Raymond Feinen und Claude Bach geehrt, wobei zum Abschluss die beiden Schöffen Pierre da Silva und Christian Frank die Verdienste des Bürgermeisters, welcher der Gemeinde seit 20 Jahren vorsteht, gebührend hervorhoben.

Mir den besten Wünschen für das neue Jahr eröffnete Pollo Bodem das Buffet für alle Anwesenden.

Text: Tom Lehnert

Fotoen: Linda Welter/ Romain Hoffmann



# D´Gemeng Useldeng bougéiert weider, och a Coronazäiten!



Et gëtt am Liewen ëmmer erëm Iwwerraschungen, an eis Gemeng bleift leider och nit dovu verschount. Mir erliewen de Moment ee Phenomeen oder besser gesot eng Plo, wéi mer eis se, éierlech gesot, am Februar nach nit hätte kéinte virstellen.

Mee, als gutt opgestallte Gemeng wäerten mer och déi Zäit hannerun eis kréien, an - esou schlëmm wéi et och ass -, de Cauchemar hannerun eis loossen an proaktiv weider no vir kucken.

Et ass gewosst, dass vun de Gemengen an de Méint Mäerz an Abrëll vill verlaangt gouf an et ass gewosst, dass mer deen onsiichtbare Feind, deen den Numm Covid 19 krut, nach nit um Buedem leien hunn.

Trotzdeem dréint den Äerdball weider an och bei eis.

Eis iewescht Missioun ass a bleift d´Gesondheet vun eise Biergerinnen a Bierger. Dat ass d´Aufgab vum Staat, mee awer och déi vun de Gemengeverantwortlichen.

Absolutt Prioritéit behält eist Schoulwiesen an eis Kanner dierften et schwéier kréien, sech deenen neie Gegeebenheeten unzepassen. No wochelangem Léieren doheem, heescht et erëm lues an de gewinnte Rhythmus eranzeklammen a mat engem Buff, Foulard oder Mask virum Gesicht, dierft dat nit méi einfach ginn.

Et get och nit einfach fir eist Schoulpersonal, déi sech vill Méi ginn, fir dëst aussergewéinlicht Schouljoer op een Enn ze bréngen.

Et gëtt och nit einfach fir eist Personal aus der Maison Relais, déi sech, mat eis, grouss Gedanke maachen, wéi de Fonctionnement soll garantéiert bleiwen a wéi mer den Elteren esou gutt wéi méiglech kënnen ënnert d´Äerm gräifen.

An hei speziell maache mer een Appell un d´Besonnenheet vun deene Groussen a froen déi néidig Disziplinn, déi mer bis elo an dëse schwéieren Zäite konnte feststellen.

Mir wäerten kuerzfristig ee Problem mat eise Raimlechkeete kréien a kënnen also nëmmen déi Kanner ophuelen, déi no festgeluechte Krittären opgeholl gi sinn. Mir wäerten och déi Kanner betreien, wou d´Aarbechtswelt vun den Elteren duerch de Coronavirus durchernee gehäit gouf, awer ënnert deene virgesinnene Konditiounen.

Villes kënnt also op eis zou an d´Organisatioun vun der Schoulrentrée beschäftegt eis scho prioritär méi laang.

An och muss den „daily business“ an der Administratioun, am Service technique an an aner Beräicher weider fonctionéieren. Zënter der Kris huet de Schefferot sech wéi gewinnt concertéiert, am Ufank iwwer Telefonkonferenz, dunn iwwer Visiokonferenz a méi spéit erëm am Sitzungssall, natierlech ënnert deene virgeschriwwenen Ofstänn a sanitäre Bedingungen.

Den 30. Abrëll hu mer eng ganz konstruktiv Aarbechtssitzung mat eisem Gemengerot - eemolig a fir an den Annale festzehalen - ausserhalb der Gemeng ofgehal, nämlich am Centre culturel.

Eis ass nit bekannt, ob dat an der Vergaangenheet schonns jeemols de Fall war!

Déi néidig Ofstand- a Secherheetsmoosnamen hunn dat nun emol verlaangt a genau esou war et och de 15. Mee, wéi mer an deem selwechte Centre culturel eng regulär Sitzung ofgehalen hunn.

Mir schaffen intensiv un de Pläng fir d´Vergréisserung vun der Schoul an der Maison Relais an un engem Héichwaasserkonzept zu Ieverleng. Eist neit Verkéiersreglement fir d´ganz Gemeng geet an déi lescht „Ligne droite“, d´Foussgängerbreck zu Ieverleng dierft am Hierscht kënnen attakéiert ginn. D‘Verhandlunge mam CGDIS sinn ofgeschloss, déi mam Kirchefong leider nach nit. Eis Schoul krut nei ipads a Laptops, déi sech wärend der Kris beschtens bewäert hunn an ee kostspieligen, mee wichtigen Invest waren.

An och am Klimapakt hu mir d´Äermel eropgestréppt an eis intensiv dësen Dossieren ugeholl.

De Moment hu mer ee flotte Projet mam Numm „MyAcqua“ initiéiert, deen als Ziel huet eng gewëssen Unzuel vu Waasserfläschen am deegleche Verbrauch vun eiser Gemeng

anzespueren an eist Useldenger Waasser als Drénkwaasser besser ze promouvéieren.

An eise Fokus ass dëst Joer op den „European Energy Award“ dirigéiert, wou mir eis Useldenger Gemeng engem internationalen Audit ennerzéie wäerte loossen, mam Objektiv de Label „Gold“ ze erreechen.

Dëse Präis gouf am November 2014 fir déi éischte Kéier a Presenz vum deemolige Staatssekretär am Emweltministère Camille Gira u 4 Gemengen decernéiert.

Digitalisatioun ass ugesot, nei intelligent Waassercompteure ginn ugeschaaft an an Etappen installéiert, eis kommunal Gebaier ginn zesumme vernetzt an eis IT-Infrastrukture perfektionéiert, zousätzlich LED-Stroosseluuchte ginn installéiert , een neie Biergerbedeeligungsprojet fir Fotovoltaik ass an der Maach an zousätzlich Kommunalprimmen fir ëmweltschounend Investitiounen am private Beräich si virgesinn, fir esou eis Biergerinnen a Bierger ze encouragéieren, sech nei ëmweltfrëndlech Technologien unzeschafen.

De Projet „Mini-Useldeng“ mat e.a. zousätzliche flotte Spiller fir eis Kanner ass och nit an de Vergiess komm, mee och hei stinn déi noutwendig Autorisatioune vun de Ministèren nach aus.

Et deet sech also villes an dëser Gemeng, déi geschwënn hiren 2.000. Awunner ka begréissen an et mécht Spaass an enger gudder Ambiance mam Gemengerot kënnen ze schaffen.

Mir dršcken de Wonsch aus, dass eis Biergerinnen a Bierger nit nach méi mussen ënnert dem Coronavirus leiden, an hoffen, dass mer all gesond a monter duerch dës Krisis kommen.

Versuergt Iech all, macht dat Bescht aus der aktueller Situatioun, bleift aktiv a positiv an zesumme wäerte mer och dës Erausfuerderung meeschteren.

Mir wënschen Iech, och am Numm vum Gemengerot, alleguer schéi Päischtdeeg an invitéieren Iech, an Zäiten, wou eis Mobilitéit stark ageschränkt ass, eis schéi Gemeng nei ze entdecken!

*Äre Schefferot:*
*Pollo Bodem, Pierre Da Silva an Christian Fran*k

GEMENG



# Qualité de l'eau potable fournie à la commune d'Useldange 2020

GEMENG

## Pour la localité d'Useldange

**Les valeurs moyennes du contrôle de routine sont:**

| |
|---|
| pH : 8,1 |
| dureté carbonatée : 8,1°dH |
| dureté totale : 12,1°dH |
| conductivité : 387 µS/cm |
| sodium : 5,3 mg/L |
| calcium : 62,5mg/L |
| chlorures : 14,0 mg/L |
| sulfates : 50,8 mg/L |
| nitrates : 17,5 mg/L |
| fer : ‹20 µg/L |
| TOC : ‹1 mg/L |

## Pour les localités: Everlange, Rippweiler et Schandel

**Les valeurs moyennes du contrôle de routine sont:**

| |
|---|
| pH : 7,9 |
| dureté carbonatée : 10,7°dH |
| dureté totale : 15,8°dH |
| conductivité : 429,1 µS/cm |
| sodium : 6,5 mg/L |
| calcium : 77,8 mg/L |
| chlorures : 18,3 mg/L |
| sulfates : 47,6 mg/L |
| nitrates : 18,1 mg/L |
| fer : ‹20 µg/L |
| TOC : ‹1 mg/L |

### Informations sur la dureté carbonatée

Selon la législation allemande « Wasch- und Reinigungsmittelgesetz 2007 » la dureté est classée comme « mittel ». La DEA ne recommande pas l'installation de station de traitement d'eau potable (décalcification).

### Recommandations pour les matériaux de l'installation

Selon l'étude du BWL et conf3orment aux normes DIN50930-6 et EN 12502 : L'utilisation des pièces en fer galvanisé ou en acier non-allié n'est pas recommandée.
Tous les autres matériaux courants dans l'installation notamment le cuivre, l'alliage cuivreux, l'acier inoxydable et la fonte ductile peuvent être utilisés sans restriction.

### Informations concernant le chlore libre

La DEA effectue une désinfection préventive à base d'hypochlorite de soude. La concentration du chlore libre dépend de la situation locale et démontre une variation importante.

### Informations sur la consommation pour les nourrissons

Concernant les nitrates, l'eau fournie par la DEA correspond au RGD (‹50 mg/L). Pour les nourrissons (‹4 mois) l'ébullition de l'eau avant l'usage est toujours recommandée. Il suffit de faire bouillir l'eau quelques secondes et de la laisser refroidir par la suite.

### Informations supplémentaires

Pour toutes informations supplémentaires, veuillez contacter le service de qualité de la DEA.

# „Fir d'Heemecht ass hie gestuerwen"

## Gedenkfeier fir de Pierre Hommel vu Rippweiler






Rippweiler: E Jong vu Rippweiler, de Pierre Hommel, gouf viru 75 Joer an der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945 zu Sonnenburg/Slonsk zesumme mat 90 aner Lëtzebuerger Jongen, déi och wéi de Pierchen Refraktär waren, erschoss. Vun deene siwen Zwangsrekrutéierte vu Rippweiler koumen der dräi nit méi zréck. Et waren de Pierre Hommel, den Henri Schmit an de Pierre Jungblut. D'Gemeng Useldeng huet op den Dag genau, 75 Joer nom Massaker, un hire Jong erënnert, dee fir d'Heemecht séi Liewen huet misse loossen.

Virun der Gedenkmass huet d'Gemeng mam Comité de souvenir, zesumme mat hirem President Roger Feiereisen, mat der Famill vum Pierre Hommel a ville Matbierger vu Rippweiler an Useldeng, ënnert de Kläng vun der Sonnerie aux morts Blumme bei der Erënnerunsplack, um Kierfecht zu Rippweiler niddergeluecht. No engem kuerze Gedicht vun der Sekretärin Lou Anzia-Ney goung et an d'Mass, déi vum Paschtouer Mathieu Janssen an der Kierch zu Rippweiler zelebréiert a vum Gesangveräin aus der Gemeng gesanglich verschéinert gouf. Do huet de Buergermeschter Pollo Bodem un di schrecklich Krichzäit vum Pierre Hommel erënnert.

De Pierre Hommel gouf de 27. Februar 1922, als jéngste vu véier Bridder, am Haus „a Killen" zu Rippweiler gebuer. No der Primärschoul, dem Passageexamen am Kolléisch zu Dikrech, goung et an d'Normalschoul op Lëtzebuerg. D'Enn vun senger Studienzäit louch schonns an de Krichsjoren an hie koum zum Schluss an d'Lehrerbildungsanstalt op Ettelbréck. Am Juli 1942 huet hie säin Examen bestanen a koum dunn als Schoulmeeschter op Kaunduerf.

No dem Reichsarbeitsdienst zu Brahnau a Polen, koum hien zréck als Schoulmeschter op Wolz, ier hien dunn an d'Wehrmacht sollt agezu ginn. Hien huet d'Aberuffungsschreiwe vum 25. Oktober 1943 awer nit befollegt a gouf als Refraktär gläich drop fir 9 Woche bei der Famill Hess zu Rippweiler verstoppt. Duerno krut hie sech a Frankräich an der Géigend vu Clermont Ferrand ofgesat an huet do op engem Bauerenhaff geschafft a gouf do vun engem anere Lëtzebuerger, deen als Refraktär, geschnaapt gi war, an duerno sich bereet erkläert hat, fir d'Gestapo ze schaffen, verroden. De Pierre Hommel gouf de 16. Mäerz 1944 verhaft a koum dunn an de Prisong an de Stadgronn.


Vum Krichsgeriicht zu Tréier gouf hien zu 15 Joer Prisong condamnéiert an huet dunn d'Prisonge vun Tréier a Siegburg kennegeléiert. De 6. August 1944 hu si de Pierchen Hommel an déi berüchtigt Moorlagere bei Pappenburg an d'Emsland verfracht an ass do Mëtt November evakuéiert ginn. Du koum déi kuerz awer ganz schlëmm Zäit zu Sonnenburg mat sengem uschléissenden Doud.

Op engem Doudebild, wat d'Famill eraus ginn huet an och wärend der Mass um Altor stoung, stinn dës Sätz geschriwwen: „Fir d'Heemecht goufs Du däi Liewen, an d'Heemecht weess Dir Dank. Well hir gollt all däi Striewen, du hues si trei bekannt. Du bass gefall fir d'Fräiheet, däin Dout war nit ëmsoss. Well aus dem groussen Onheel ass d'Fräiheet nei entspross."

Beim uschléissenden Empfank am Festsall, huet de Roger Feiereisen nach eemol kuerz un déi schrecklich Zäit erënnert, éier d'Famill vum Pierchen Hommel ofschléissend fir déi beandrockend Gedenkzeremonie en häerzliche Merci gesot huet.

Fotoen: CHAREL REISER

GEMENG


MËLLECHKOU - 5 JOER AL
BELLA
AFFER VU METALL A PLASTIK
DÄIN OFFALL MÉCHT
MECH DOUDKRANK
GEHEI NÄISCHT AN D'NATUR

# Keen Offall an d'Natur!

Leider war an ass et eis dëst Joer wéinst den aktuellen Ëmstänn vun der Coronakris (nach) nit méiglich eng „Grouss Botz" an der Natur vun der Useldinger Gemeng ze maachen. Et wier awer déck néidig !

Wann een esou iwwert d'Gewan a laanscht d'Stroosse geet, gesäit a fënnt een immens vill Gedrénksbéchsen, Plastik- a Glasfläschen, Zigarettekëschtercher, asw. .... jee all dat Gedrecks, wat der hei op deem Plakat mat der Kou gesitt. Dat dierf nit sinn !!! Et verschampléiert nit just d'Natur, et ass och eng mäerderesch Gefor fir all Déier dobaussen an am Stall - et mécht d'Béischten a Gedéiesch doudkrank, a gehéiert ëmmer entsuergt an eng „Poubelle"!

Ech weess, et ass (bal) keen, deen dat hei liest, deen esou handelt, awer et geet eis all eppes un, an dës Foto soll eis een Ustouss sinn, doriwwer nozedenken, wat eeben d'Konsequenzen dovun sinn. All Offall a Knascht gehéiert ëmmer op déi richtig Plaz. Wann een déi nit ënnerwee fënnt, hëlt een d'Verpackung an d'Offäll mat heem a geheit se do an d'blo Tut respektiv an de Glascontainer, de Pabeierbac oder an d'Dreckskëscht.

Geheit näischt an d'Natur, an Zukunft och keng gebrauchte Plastikhändschen a Masken! ... da brauche mer och keen extraen Dag fir „d'Grouss Botz" dobaussen.

### à propos „Poubelle". Kennt dir den Eugène Poubelle ?

„Poubelle – das so elegant klingende Wort ist die französische Bezeichnung für ‚Mülleimer'. Und nicht nur das: es ist auch der Name des Mannes, der als erster die Idee hatte, Müll zu trennen – eine Idee, die das Chaos auf den Straßen von Paris beseitigte.

Im späten 19. Jahrhundert waren die Straßen der französischen Hauptstadt nämlich alles andere als ansehnlich: Auf den Gehwegen türmte sich der Abfall, den die Bewohner dort direkt vor ihren Häusern entsorgten. Das Resultat war nicht nur ein unschönes Stadtbild, sondern auch die Gefährdung der Bürger durch die Ausbreitung von Krankheiten.

Der französische leitende Stadtbeamte *Eugène-René Poubelle* hatte genug von Dreck und Gestank und ihm kam eine revolutionäre Idee: Müllbehälter müssen her, in denen die Abfälle der Bewohner getrennt aufbewahrt und die schließlich von Entsorgungsfirmen geleert werden.

Die Geschichte der Mülltrennung hat ihren Ursprung im März 1884 in Paris. Poubelle erlässt das entsprechende Dekret, das Hauseigentümer dazu verpflichtet, drei Mülltonnen vor ihrem Haus aufzustellen. In die erste kommen Lumpen und Papier, in die zweite werden kompostierbare Abfälle geworfen. Glas, Porzellan und Austernschalen gehören von diesem Tag an in die dritte Tonne. Damit beendet Poubelle eine Zeit, in der die Straßen von Paris vor Müll überquellten und eine Gefahr für die Bewohner darstellten. Doch obwohl man meinen könnte, dass die Einwohner sich über saubere Straßen gefreut hätten, stieß Poubelles Dekret zunächst auf Widerstand. Die Bewohner von Paris waren nicht begeistert von der Idee des leitenden Beamten, der sie der Freiheit beraubte, ihren Müll einfach aus dem Fenster zu werfen. Nach ein paar kleinen Änderungen wurde die neue Art der Abfallentsorgung jedoch schließlich am 7. März 1884 akzeptiert.

So sorgte *Eugène Poubelle* nicht nur für die Einführung einer Abfalleimerpflicht, sondern *lieh dem Mülleimer auch seinen Namen*. 1890 wurde die Bezeichnung *poubelle* in das französische enzyklopädische Wörterbuch aufgenommen. Zuvor hatte sich der Nachname des Franzosen bereits im täglichen Sprachgebrauch als Bezeichnung für den Abfallbehälter durchgesetzt."

(Ref. wwww.resorti.de / bloc / eugene-poubelle-und-die-geschichte-der-muelltrennung)

Text: Lé Gregorius

# Nei Faarf an neit Liewen am ale Schoulgebai zu Useldeng!




Vläicht hutt Dir Iech jo schonn e puermol gefrot, wien elo an der Aler Schoul ënnerkomm ass a wat do ganz konkreet gemaach gëtt.

Zanter September 2019 sinn dräi Servicer vun der Autisme Luxembourg a.s.b.l. vu Biekerech op Useldeng geplënnert, den *Atelier Back-Office* an den Atelier Info-Média ewéi och de "*Service de formation professionnelle*".

**Mee wie si mir iwwerhaapt? Wat sinn eis Ziler a wat fir eng Servicer bidde mir un?**

Autisme Luxembourg a.s.b.l. gouf am Joer 1981 gegrënnt an huet säi Sëtz haut zu Biekerech. Aktuell verwalte mir eelef Servicer an de Beräicher Wunnen a betreit Wunnen, Dagesbetreiung, Fräizäit, Hëllef Doheem, Gesondheet, Consultatioun, Ausbildung an Aarbecht fir Leit mat enger Behënnerung aus dem Autismusspektrum. Eist Zil ass et d'Leit, déi mir betreien, an hir Familljen an alle Beräicher vum Liewen an zu jiddwer Zäit ze ënnerstëtzen. Eis Servicer fannt Dir zu Biekerech, Useldeng, Sandweiler, Weiler zum Tuer, Boxer an an der Stad.

**Mee wat gëtt dann elo konkreet zu Useldeng gemaach a produzéiert?**

An eisem *Atelier Back-Office* hutt Dir d'Méiglechkeet Är wichteg Erënnerungen digitaliséieren ze loossen. Wann Dir VHS-Kassetten, Diaen oder och al Fotoen, Bréiwer oder Dokumenter doheem leien hutt, déi Iech mëttlerweil awer vill Plaz ewechhuelen, da sidd Dir an eisem *Atelier Back-Office* richteg! Kommt laanscht! Eist Fachpersonal kuckt mat Iech zesummen, wéi mir Iech am beschten hëllefe kënnen.

De Konterbont, deen éischte komplett digitale Magasinn, ganz op Lëtzebuergesch, gëtt an eisem Atelier Info-Média hiergestallt. Dësen elektronesche Medium erlaabt et, dem Lieser seng lëtzebuergesch Sproochkenntnisser ze verbesseren a säi Wuertschatz ze erweideren. An enker Zesummenaarbecht mam LOD (Lëtzebuerger Online Dictionnaire) a mat der Ënnerstëtzung vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch publizéiert d'Ekipp vum Konterbont all zwee Méint spannend an informativ Artikele ronderëm d'Lëtzebuerger Land a seng Leit. Iwwert dem Liese léiert een nei Wieder kennen a verbessert gläichzäiteg seng Aussprooch.

Déi éischt Konterbont Editioun koum am Dezember 2017 eraus. Mëttlerweil schafft d'Ekipp vum Konterbont un der 15ter Editioun, déi fir Mëtt Mee 2020 programméiert ass.

**Virwëlzeg? Da kroopt Iech eis Konterbont App am Apple App Store oder am Google Play Store.**

Last but not least huet och de "*Service de formation professionnelle*" um éischte Stack an der Aler Schoul en neit Doheem fonnt. Hei kréien eis Leit mat Autismus eng praktesch wéi och theoreetesch Formatioun vun zwee bis dräi Joer, déi et hinnen duerno erlaabt, entweeder an eisen Atelieren ze schaffen oder eventuell enger Aarbecht um éischten Aarbechtsmaart nozegoen.


Autisme Luxembourg a.s.b.l. ass permanent amgaang nei Projeten ze entwéckelen an nei Aarbechtsplaze fir Leit mat Autismus ze schafen. An dofir ass all finanziell Hëllef wëllkomm. Wann Dir eis wëllt ënnerstëtzen, da maacht en Don op:

**Autisme Luxembourg a.s.b.l.**
**IBAN: CCRA LU81 0090 0000 0939 2606**

AutismeLuxembourg

**Weider Informatiounen iwwer eis Atelieren, Servicer a Produite fannt Dir op eiser Internet-Säit: www.autisme.lu**

GEMENG






# Maison Relais bei de Fliedermais

## E klengen Abléck an déi verschidden Atelieren aus der Maison Relais, wou d'Kanner fräi entscheede kënnen, wat si wëlle matmaachen.

GEMENG

**Am Useldenger Bësch**







Um Wee fir an de Bësch entdecke mir d'Natur. An der Fuesvakanz hu mir eis Seilen erneiert.

**Atelier um Airtramp: Pizza**







Ee Kand war den Deeg a mat faarwege Säckelcher (giel: Kéis, rout: Tomaten...) hunn d'Kanner d'Pizza beluecht. Heibäi konnte si hirer Kreativitéit fräie Laf loossen.

## Musekschoul méi no brénge mam Nadine di Lorenzi





All puer Woche kënnt d'Nadine eis verschidden Instrumenter virstellen. D'Kanner kënnen déi ausprobéieren. Am Mee fënnt dann hire groussen Optrëtt statt.

## Party an der Annexe mam Cycle 4








## Fuesparty mam Malou






Text: Thessy, Dally, Foto'en: Maison Relais

# Neit Gemengepersonal

## An dëser Editioun stelle mir Iech déi nei Mataarbechter aus dem Service Technique vun der Gemeng Useldeng vir. Si ginn eis e klengen Abléck an hir Aarbecht.

**Luca DENELLE**



*R.R.: Kanns du eis kuerz deng Ausbildung an däi professionelle Parcours beschreiwen éiers du hei op d'Gemeng schaffe komm bass? Wat sinn deng Aufgabe bei eis op der Gemeng?*

L.D.: Ech hunn am Atert Lycée zu Réiden een Diplom als Technicien en équipement énergétique et technique des bâtiments gemaach. Dës Ausbildung ass iwwer 4 Joer gaang an de Beräicher Heizung, Lüftung an elektresch Installatiounen.

No der Première, hunn ech mech op der Gemeng gemellt fir een Job vu 5 Méint ze kréien. Innerhalb deene 5 Méint ass dunn eng Plaz am Service Technique vun der Gemeng Useldeng fräi ginn, wou ech mech direkt gemellt hunn a schlussendlech och do ugestallt gouf.

Ech sinn zoustänneg fir eis kommunal Gebaier a suergen derfir, dass dës regelméisseg kontrolléiert ginn, an dass se sécherheetstechnesch op dem neiste Stand sinn. Donieft maachen ech och d'Reservatiounen am Manifestatiouns-Kalenner vun eise Säll mat de Veräiner an och mat de Privatleit fir hir Feieren. Iwwert d'Joer iwwerwaachen ech de Stroumverbrauch vun deenen eenzelne kommunale Gebaier a maachen Enn vum Joer eise Klima-Pakt-Bilan.

*R.R.: Firwat schaffs du gären op der Gemeng? Wat gefält dir am beschte bei dengen Aufgaben hei?*

L.D.: Ech schaffe gär op der Gemeng, well mir meng Aufgabe gefalen a well mir eng gutt Ambiance an eisem Team hunn. Wat mir perséinlech am beschte gefält, ass, dass ee vill Kontakt mat auswäertege Firmaen huet an domat ëmmer nei Leit kenneléiert. (Wat och nach positiv ass, et gëtt engem ni langweileg op der Aarbecht.)

*R.R.: A wat méchs du an denger Fräizäit? Wat sinn deng Hobbyen?*

L.D.: Ech si frou fir Zäit ze hunn, déi ech mat menger Famill a menge Kolleege ka verbréngen. Ech spillen, säitdeem ech 4 Joer al sinn, Fussball, an am Moment sinn ech Stiermer beim FC Jeunesse Useldeng. Ech ginn ausserdeem gären a menger Fräizäit mat mengem Papp oder menger Fréndin fëschen a sinn an engem Fëscherveräin, mat deem mir sonndes u Concourse deelhuelen.

**Sam BECKER**



*R.R.: Kanns du eis kuerz deng Ausbildung an däi professionelle Parcours beschreiwen éiers du hei op d'Gemeng schaffe komm bass? Wat sinn deng Aufgabe bei eis op der Gemeng?*

S.B.: Ech hunn, ier ech op der Gemeng ugefaangen hunn, ca. 9 Joer als Landschaftsgäertner a Béschaarbechter bei der Firma 'Lucien Binsfeld' zu Uewerpallen geschafft, an hunn och do wärend 3 Joer meng Léier gemaach.

Hei op der Gemeng Useldeng sinn ech haaptsächlech zoustänneg fir Gäertneraarbechten, d.h. méinen, Hecke schneiden, Plantatiounsaarbechten, Blumme setzen, asw...

*R.R.: Firwat schaffs du gären op der Gemeng? Wat gefält dir am beschte bei dengen Aufgaben hei?*

S.B.: Ech schaffe gären hei op der Gemeng, well ech eng aner Karriär a mengem Liewe wollt aschloen, eng berufflech Ännerung wollt hunn, a well ech hei d'Méiglechkeet hunn, mech unhand vu Formatioune weiderzebilden.

Am beschte gefält mir d'Schaffen an der Ekipp an ech gesi gären d'Resultat: 'vorher – nachher' vun der Aarbecht, déi geleescht ginn ass, wéi z.B. d'Evaluatioun vun de Plantatiounen, asw...

Des Weidere gefält mir, dass d'Awunner aus der Gemeng d'Resultat vun eiser Aarbecht gesinn, déi mir dobausse maachen.

*R.R.: A wat méchs du an denger Fräizäit? Wat sinn deng Hobbyen?*

S.B.: Fëschen a Kachen an ech gi gären an der Natur spadséieren.

## Michel BÜCHLER



*R.R.: Kanns du eis kuerz deng Ausbildung an däi professionelle Parcours beschreiwen éiers du hei op d'Gemeng schaffe komm bass? Wat sinn deng Aufgabe bei eis op der Gemeng?*

M.B.: Ech hunn eng Gesellenprüfung als Mécanicien gemaach an hu virdrun eng etlech Joren op enger anerer Gemeng am Norde vun eisem Land geschafft.

Hei op der Gemeng Useldeng sinn ech haaptsächlech zoustänneg fir d'Opschreiwe vum Waasserverbrauch vun de private Menagen. Donieft maachen ech och aner Aufgabe wéi z.B. méinen, botzen, d'Duerf propper halen, asw...

*R.R.: Firwat schaffs du gären op der Gemeng? Wat gefält dir am beschte bei dengen Aufgaben hei?*

M.B.: Ech schaffe gären hei op der Gemeng, well ech virun allem dobausse ka schaffen, well ech gäre mat Maschinne schaffen, mat deenen ech meng Aarbecht maachen. En plus sinn ech gären a Kontakt mat den Duerfleit.

*R.R.: A wat méchs du an denger Fräizäit? Wat sinn deng Hobbyen?*

M.B.: Spadséieren a Moto fueren.

## Joël FETTES



*R.R.: Kanns du eis kuerz deng Ausbildung an däi professionelle Parcours beschreiwen éiers du hei op d'Gemeng schaffe komm bass? Wat sinn deng Aufgabe bei eis op der Gemeng?*

J.F.: Ier ech hei op der Gemeng Useldeng agestallt gouf, hunn ech virdru 36 Joer geschafft, dovun 18 Joer als Kappschlechter an 18 Joer als Bëschaarbechter.


*R.R.: Firwat schaffs du gären op der Gemeng? Wat gefält dir am beschte bei dengen Aufgaben hei?*

J.F.: Ech schaffe gären dobaussen an der frëscher Loft an an der Natur. Hei op der Gemeng si meng Haaptaufgaben: Anlage botzen, méinen, Hecke schneiden, asw...

*R.R.: A wat méchs du an denger Fräizäit? Wat sinn deng Hobbyen?*

J.F.: Fëschen, Daarts spillen a Kaart fueren.

## Marco MONTANARO



*R.R.: Kanns du eis kuerz deng Ausbildung an däi professionelle Parcours beschreiwen éiers du hei op d'Gemeng schaffe komm bass? Wat sinn deng Aufgabe bei eis op der Gemeng?*

M.B.: No menger 9ième hunn ech eng Léier ugefaangen als Usträicher an dat bei 'Elsen Peinture' zu Groussbus. Do sinn ech 6 Joer bliwwen, ier ech de Patron gewiesselt hunn. Ech hunn dunn 2 Joer bei 'Peinture s.àr.l.' an der Fiels geschafft.

Hei op der Gemeng Useldeng sinn ech haaptsächlech zoustänneg fir all méiglech Usträicher-Aarbechten.

*R.R.: Firwat schaffs du gären op der Gemeng? Wat gefält dir am beschte bei dengen Aufgaben hei?*

M.B.: Ech schaffe gären hei op der Gemeng, well ech vill verschidden Aarbechten hunn, vill ënnerschiddlech Saache gesin a well mäin Aufgabefeld breetgefächert ass.

Am beschte gefällt mir, dass ech meng Aarbecht ka mat Suergfalt a Rou maachen, an d'Méiglechkeet hunn, wierklech propper ze schaffen. Et ass ni langweileg an et ass ëmmer eppes ze dinn.

*R.R.: A wat méchs du an denger Fräizäit? Wat sinn deng Hobbyen?*

M.B.: A menger Fräizäit ginn ech fëschen a spillen Dëschtennis am Veräin zu Viichten.

# NEI SUBSIDEN FIR EIS AWUNNER
# *NOUVEAUX SUBSIDES POUR NOS CITOYENS*

## Solaranlagen

Beispill Anlag

**Präis: Photovoltaik Leeschtung 4 kWp** (ca. 22 m² Daachfläch) — +/- **7.300 €** ttc

- **Staatlech Subventioun: 20%** (htva) bei Anlage mat max. Leeschtung 30 kWp — **-1.250 €** htva 20%
- **Kommunal Subventioun: 125%** vu staatlecher Subventioun (max. 2.000 €) — **-1.560 €**

**Bleift iwwreg un Invest** — **4.490 €**

- **Locatioun vum Stroumzieler & evt. Niewekäschten** (15 Joer) — **1.500 €** ttc
- **Staatlech garantéierte Revenu vum produzéierte Stroum wärend 15 Joer** (2020 un d'Netz) — **-9.500 €**

**Benefice:** no 15 Joer — +/- **3.500 €**

## *Installations PV*

*Exemple d'installation*

***Prix: Installation photovoltaïque 4 kWp*** *(surface toit env. 22 m²)* — +/- **7.300 €** ttc

- ***Subvention étatique: 20%*** *(htva) pour installations avec puissance max. 30 kWc* — **-1.250 €** htva 20%
- ***Subvention communale: 125%*** *de la subvention étatique (max. 2.000 €)* — **-1.560 €**

***Montant restant*** — **4.490 €**

- ***Location compteur & d'autres éventuels frais*** *(15 ans)* — **1.500 €** ttc
- ***Tarif d'injection garanti par l'Etat pendant 15 ans*** *(si 2020 au réseau)* — **-9.500 €**

***Bénéfice:*** *après 15 ans* — +/- **3.500 €**

**Kontakt & gratis Berodung / *Contact & conseil gratuit***

**Réidener Energieatelier**
T 26 62 08 01 - info@energieatelier.lu
www.energieatelier.lu

## Reewaasser-Anlagen

Dir kritt vun der Gemeng Useldeng bis zu **1.500 €** zousätzlech zum staatleche Subsid vun max. **1.000 €***.

**Wat bréngt eng Reewaasser-Anlag?**

- Drénkwasser spueren
- Héichwaasser-Risiko reduzéieren
- Planzen netzen, notzen fir WC & Wäschmaschinn
- Waasserressource schützen

## *Installations de récupération des eaux de pluie*

*Vous obtenez jusqu'à **1.500 €** de la commune d'Useldange en plus du subside étatique de max. **1.000 €***.*

***Que m'apporte une installation de récupération des eaux de pluie?***

- *Économiser les ressources en eau potable*
- *Réduire les risques d'inondation*
- *Arroser le jardin, alimenter les toilettes et le lave-linge*
- *Protection des ressources en eau*

* Conditiounen op / *Conditions sur*
https://eau.public.lu/eaux_usees_pluviales/eaux_pluviales/
Formulaire: https://gd.lu/8bkvPh

**Kontakt & gratis Berodung / *Contact & conseil gratuit***

**Maison de l'Eau**
T 26 62 08 08 - maison.eau@attert.com
www.attert.com

GEMENG



## Heizung aus erneierbaren Energien

Ersetzt Dir är al Masuttsheizung (min. 10 Joer) mat enger Heizung op Basis vun erneierbaren Energien (Pellet, Stéckholz, Holzhackschnitzel, Wärmepompel), da kritt Dir vun der Gemeng Useldeng e Subsid vu bis zu **1.000 €**.

**Folgend kommunal a staatlech Subsiden hutt Dir zegutt:**

## *Chaudière énergies renouvelables*

*Si vous remplacez votre ancienne chaudière à mazout (min. 10 ans) avec une installation sur base d'énergies renouvelables (granulés ou plaquettes de bois, bûche de bois, pompe à chaleur géothermique), vous obtenez un subside jusqu'à **1.000 €** de la commune d'Useldange.*


***Voici les sudsides étatiques et communales à votre disposition:***

| Energies renouvelables | Subside étatique | Subside communale |
|---|---|---|
| | Maison unifamiliale | Maison unifamiliale |
| Chaudière à pellets / granulés de bois | **40%** des coûts max. **5.000 €** (1)(2) | **25%** de la prime étatique max. **1.000 €** |
| Pompe à chaleur géothermique | **50%** des coûts max. **8.000 €** | |
| Chaudière à bûche de bois ou combinaison bûches / granulés | **25%** des coûts max. **2.500 €** (1)(2) | |
| Poêle à granulés de bois (raccordé au circuit de chauffage) | **30%** des coûts max. **2.500 €** | |

(1) Bonus de 30% pour le remplacement d'une chaudière alimentée en combustible fossile par une chaudière à bois
(2) Bonus de 15% pour la chaudière à pellets ou plaquettes de bois si ballon tampon

**Kontakt & gratis Berodung / *Contact & conseil gratuit***

**Réidener Energieatelier**
T 26 62 08 01 - info@energieatelier.lu
www.energieatelier.lu



# Senioreforum Gemeng Useldeng

## Generalversammlung, 1.März 2020





Vor einem mehr als gut gefüllten Saal des Useldinger Schul- und Sportkomplexes fand die alljährliche Generalversammlung des Seniorenforum statt. Eingangs gedachte der Präsident Jules Schoujean dem kürzlich verstorbenen Sekretär der Vereinigung, Guy Ewen wie auch allen anderen verstorbenen Mitgliedern des vergangenen Jahres.

Auch 2019 war ein sehr aktives Jahr im Interesse der Mitglieder des Senioreforum. Zahlreiche „Tage der offenen Tür", ein sehr schmackhaftes Essen zubereitet von der vereinseigenen „Kachekipp" sowie ein gemütliches Mittagessen im „Restaurant am Wier" war nur einige der Aktivitäten. Zu den weit mehr als 30 Aktivitäten des Jahres 2019 zählten unter anderem eine Reise nach Trier, eine Besichtigung des Stadt Monschau, eine geführte Besichtigung der Werkstätten der Dittgesbach in Ettelbrück, das Resistenzmuseum in Bastogne wie auch das traditionell stattfindende Grillfest. Der Bericht des Schatzmeisters zeugte denn auch von diesen vielen verschiedenen Aktivitäten und ihm wurde anschließend von der Generalversammlung Entlastung gegeben. Die drei austretenden Mitglieder Jules Schoujean, Gast Wald und Marie-Thérèse Frank-Gilson stellten erneut ihre Kandidatur und wurde einstimmig wiedergewählt. Als neues Mitglied des Vorstandes konnte zudem Frau Kries Marie-Louise begrüßt werden.

Zu den Jubilaren zählten 2020 folgende Personen: Denise Feiereisen, Eugène Frank, Lucie Wald, Alice Kremer-Kiefer, Amelie Schwebach-Kellen, Anny Collé, Jeanny Feiereisen, Jeanny Heirand-Gousenburger, Josette Dusemang-Schroeder, Maisy Weirskirch-Schlim, Roland Haas, Venant Wilhelm, Albert Krier, Catherine Fero-Fettes, Mariette Wolf-Kinnen, Netty Filbig, Nic Wagner, Robert Develter , Hilda Kayser-Sadler, Martha Kleer-Meyers, Eugène Schmit sowie der Präsident Jules Schoujean.

Die Mitglieder, welche 90 Jahre und älter sind, wurden besonders geehrt: René Nierenhausen, Geneviève Keipes-Wildschütz, Margot Gut-Hemes und Milli Kinnen sowie Herrn Scholtus Jemp für seine runden 100 Jahre.

Das Angebot an verschiedenen Aktivitäten ist auch 2020 wieder sehr gut gefüllt, mit dem alljährlichen Grillfest, einem Ausflug nach Blankenberge, einer Besichtigung der Ramborn-Cider-Herstellung in Born sowie diversen Kurzausflügen und dem traditionellen Schueberfouer-Besuch sind nur einige der Aktivitäten hervorgehoben.




In einem sehr interessanten Vortrag ging Herr Mancini, Direktionsmitglied der Association Luxembourg Alzheimer asbl auf die verschiedenen Demenzformen ein, und die Arbeit seiner Gesellschaft im Interesse und im Dienst der an Demenz erkrankten Menschen. Aber auch die verschiedenen Aspekte der Vorsorge in diesem Bereich wurden in diesem informativen Vortrag behandelt. Schlussendlich erhielten die interessierten Zuhörer einen Einblick in die Entstehungsgeschichte der Association Luxembourg Alzheimer und die verschiedenen Aktivitäten der Gesellschaft.

Es war dem Präsidenten des Seniorenforum, der die Wichtigkeit der Association Luxembourg Alzheimer unterstrich, eine besondere Freude Herrn Mancini einen Scheck in Höhe von 2000 € zu überreichen, um damit verschiedene Aktivitäten der Vereinigung zu finanzieren.

In seiner Abschlussrede hob Bürgermeister Pollo Bodem die mustergültige Führung des Seniorenforum hervor, sowie die exemplarisch gute Organisation im Bereich der Aktivitäten für und mit den älteren Einwohnern der Gemeinde. Ein abschließender Dank im Namen des Schöffen- und Gemeinderates ging an Herrn Mancini für die engagierte Arbeit der ala-Gesellschaft.

Text: Raoul Schaaf / Fotoen: Claude Bach

# Kierch am Duerf - Gemeng Useldeng ASBL

## „Maria, mir ruffen zu Dir!"









Et ass eng besonnesch Zäit fir äis all an dëse Wochen, Méint a vläicht nach Joren, wou mir opgeruff sinn, äis mat Courage, Iwwerleeung an Zouversiicht de Konsequenze vun der Corona-Pandemie ze stellen. D'Nout ass net iwwerall gläich grouss, awer de Wëllen, am Liewe seng perséinlech Laascht, „säi Kräiz" ze droen an all Affer fir sech a fir déi aner mat Gottvertrauen unzehuelen, dëse Wëllen, deen hu mir geléiert vun deene Generatiounen, déi äis heiheem am leschte Jorhonnert virausgaange sinn. Kommt, mi follegen an Dankbarkeet hirem chrëschtleche Beispill a méi schwéiere Krisen- an Entbierungszäiten.

Mat der Kraaft vun eisem Gebiet un den Herrgott um Kräiz an u seng gutt Mamm, eis léif Tréischterin am Leed, sollen all eis Geste vun haut, mar an iwwermar Geste vu Léift bleiwen, verbonne mat engem déiwe Gedanken un déi Millioune Mënschen, fir déi et a Krisenzäite keng Hëllefsstrukture gëtt, un deene si sech kennen upaken.

Heiheem an eiser Gemeng sinn an de Kierchen zu Useldeng an Iewerleng d'Kierchendieren op a fir d'Ouschterzäit hu mir besonnesch drop gehal, eis Kierche schéin ze rëschten an dobaussen de Kontakt mat den eeleren an isoléierte Matmënschen matfillend ze gestalten. Mir hunn och invitéiert sech eleng oder mat der noer Famill ee Moment am Kiercheraum opzehalen fir hei Besënnung a Kraaft ze fannen. Eise grousse Merci geet viru allem un déi vill jonk Noperen a Frënn, an och un déi Groussbusser Scouten, déi sech bis elo bereet erkläert hunn, fir eisen eeleren Matbierger dësen oder deen Akaf ze maachen. Et geschéien iwwerraschend vill Geste vun „oppenen Hänn". Et deet gutt, dëst däerfen ze erliewen. Och de Geste vun eiser Gemeng, an Zesummenaarbecht mat der Maison Relais, huet vill Häerzer erwiermt.

Merci alle Bedeelegten. An der Oktavzäit hate mir an eisen oppene Kierchen eiser Muttergottesstatue eng besonnesch Plaz reservéiert. Vum Fest Christi Himmelfaart bis Päischtdag huet d'Statue vun der „Notre-Dame de Fatima" virum Altor an der Useldenger Kierch hir Éiereplaz kritt, dëst als besonnesche Geste fir eis portugisesch Matbierger, déi dëst Joer keng grouss Pressessioun zu Wolz däerfen organiséieren.

All Matbierger, déi an dëser méi ongewinnter Zäit besonnesch wëllen un eis ASBL KAD-GEMENG USELDENG riichten, oder un déi Responsabel vun der Par Atertdall Ste Claire, kënnen dat maachen iwwer Email ca@kad.lu oder Tel: 23 63 97 18/Lou Anzia oder wat d'Par betrëfft, iwwer Tel 46 20 23 33/ Gérard Kieffer oder 691 497 273/Joke de Kroon

# Inauguration Centre logistique et magasin à Bissen



On se rappelle encore très bien de l'inauguration de la nouvelle usine de Peintures Robin à Useldange en 2007. Aujourd'hui, un peu plus de dix ans plus tard, l'énorme succès du plus grand producteur de la Grande-Région, force les responsables à chercher de nouveaux locaux de stockage. Le zoning Klengbousbierg à Bissen, bien connu depuis les discussions sur l'arrivée de Google, est distante d'à peine 10 km de l'usine et se prêtait donc très bien pour construire deux vastes halls de stockage avec magasin de peinture intégré. Le stockage sur 3200 m2 dont 500 m2 de surface pour le magasin et le show-room permettra de partir d'une plate-forme centrale pour servir les clients au Luxembourg et dans la Grande-Région. Ce centre logistique moderne est, entre autre, équipé de trois tours de stockages rotatifs et permet de stocker 2000 palettes.

Peintures Robin, fondé en 1927, employant aujourd'hui une centaine de salariés, est le spécialiste de la peinture et de tout ce dont le peintre a besoin. Un laboratoire, fort de 7 ingénieurs-chimistes, permet de développer en permanence des nouveaux produits de plus en plus performants. Le grand objectif de Peintures Robin est de sortir de l'ère fossile et de n'offrir plus que des produits écologiques à base de matières premières naturelles.

Bien connu pour ces produits professionnels, Robin veut faire profiter également le client particulier de l'excellence de ses produits, « made in Luxembourg ». Le nouveau magasin de Bissen viendra se rajouter aux magasins existants à travers le pays et qui offrent une large gamme de produits de décoration, peintures, papiers peints et revêtements de sols au bricoleur. Le client trouvera facilement les magasins en suivant l'emblème du chevalier, faisant référence au dernier seigneur d'Useldange, Sire Robin. Les produits de Peintures Robin sont aussi disponibles sur Letzshop.

Lors de la cérémonie d'ouverture officielle, en septembre 2019, les responsables de Peintures Robin, Monsieur Pit Welter, Président du conseil d'administration et Monsieur Gérard Zoller, Directeur Général, ont pu accueillir Monsieur Lex Delles, ministre des Classes moyennes ainsi que les bourgmestres d'Useldange, Monsieur Pollo Bodem et de Bissen, Monsieur Jos Schummer.

La cérémonie d'ouverture, fût suivie par la 7e édition de la foire pour professionnels de la peinture, Colortrends 2019, avec une cinquantaine d'exposants, venus de tous les coins d'Europe et dont les produits sont distribués par les Peintures Robin en exclusivité. Pas loin de 1000 visiteurs ont fait que cette journée se terminait en beauté.




Peintures ROBIN S.A.

- Siège administratif et usine de production
  31 rue de la Gare
  L-8705 USELDANGE

- Magasin et Show-Room
  7 rue Jean Fischbach z.a. am Bann
  L-3372 LEUDELANGE

- Nouveau Magasin et centre de distribution
  Z.A.C 16 Klengbousbierg
  L-7795 BISSEN

www.robin.lu
www.verdello.lu

robin
votre fabricant de peintures

# Armand Kleer fühlt sich mit 90 Jahren noch wohl



DUERFLIEWEN

**Redingen/ Attert:** Seit Oktober 2018 verbringt Armand Kleer aus Useldingen seinen Lebensabend gemeinsam mit seiner Gattin im „Home pour personnes agées“ in Redingen/Attert, wo er am 27. November 2019 bei guter Gesundheit seinen 90. Geburtstag auch feiern konnte. Nachdem Home- Direktor Christian Ensch die Glückwünsche des Hauses überbrachte, ließ sich Bürgermeister Pollo Bodem mit seinen beiden Schöffen Pierre Da Silva und Christian Frank es sich nicht entgehen, dem Jubilar im Namen der Gemeinde Useldingen zu gratulieren. Auch Jules Schoujean, Vorsitzender des „Senioreforum Gemeng Useldeng“ war mit einer Delegation angereist um die allerbesten Glückwünsche übermitteln zu dürfen.

Armand Kleer erblickte das Licht der Welt am 24. November 1929 in Everlingen als jüngster Sohn von zwei Kindern des Ehepaares Edouard Kleer aus Everlingen und Marguerite Merges aus Brouch. Die Hochzeit mit Krankenpflegerin Henriette Thimmesch aus Useldingen fand am 19. September 1958 statt. Aus ihrer Ehe ging ein Sohn hervor, der die Nachkommenschaft um drei Enkel- und drei Urenkelkinder erweiterte.

Beide führten den landwirtschaftlichen Betrieb in Everlingen weiter und später wechselte das Paar seinen Wohnsitz nach Useldingen. Die letzte Etappe seines aktiven Berufslebens war, dass Armand Kleer als LKW-Fahrer beim Farbenproduzent Robin in Useldingen bis zu seinem Ruhestand sein tägliches Brot verdiente.

Seine Freizeit war ebenso gut gefüllt als Mitglied bei der Feuerwehr, der Musikgesellschaft, als Fußballspieler und im Gesangverein sowie im lokalen Seniorenforum. Für die schönen Blumenarrangements und Geschenke zum 90. Wiegenfest bedankte sich der Jubilar ganz besonders. Im Beisein der Familienmitglieder wurde auf weitere gemeinsame und gesunde Jahre angestoßen.

Text/Foto: Charles Reiser

# Harmonie Useldeng

Harmonie Useldeng
säit 1895

125 JOER Musek 1895 - 2020

Harmonie Useldeng

125en Anniversaire

Useldeng, den 24.04.2020

**Communiqué de presse**

Opgrond vum Covid-19 muss d'Harmonie Useldeng am Kader vun hirem 125.Anniversaire e puer Ännerungen am Programm virhuelen.

De Gala-Concert deen eigentlech fir den 30.05.2020 virgesinn war, kann net op deem Dag gespillt ginn. Dowéinst ass den Gala-Concert elo den 19.12.2020 am Centre Culturel zu Useldeng. Den Wanterconcert deen den selwechten Dag sollt sinn gëtt dëst Joer leider net gespillt.

De Flashmob an d'Zeltfest mat de Knutschbären ass vum 11.07.2020 op den 10.07.**2021** verluecht.

Bei weideren Ännerungen an eisem Programm hale mir Iech natierlech um lafenden.

Op www.harmonie-useldeng.lu fannt dir ëmmer den aktualiséierten Agenda an flott Foto'en vun deene leschte Manifestatiounen.

*Mir wënschen eise Memberen, hire Familljen an eise Supporter vill Courage an eng gutt Gesondheet an dass Dir alleguer gutt duerch déi aktuell Krise kommt.*

Mat de beschte Gréiss,

125 Joer Harmonie Useldeng

# FC Jeunesse Useldeng



**Léif Supporter vum Useldinger Fussball,**

An dëse schwéieren Zäite ginn et sécher méi wichteg Theemae wéi Sportsekippen oder de Sport am Allgemengen. Duerch den Ausbroch vum Coronavirus ass hei am Land ënnert anerem och de Fussballchampionnat op Äis geluecht ginn. Duerch ee Communiqué vum 23. Abrëll 2020 huet d'F.L.F. matgedeelt, dat d'Meeschterschaft 2019/2020 fir all Ekippen, mat Ausnam vun der BGL Ligue, definitiv eriwwer ass.

**Dat heescht, datt déi Useldinger 1. Ekipp zesumme mat der 1. Ekipp vu Bastenduerf an déi I. Divisioun opklammen. Méi ee schéine Gebuertsdaagskaddo fir seng 75 Joer kann ee sech jo wuel nit virstellen.**

Ons Felicitatioune ginn un d'Spiller, den Trainer a seng Assistenten, de President a saï Kommitee an all déi trei Supporter vum Useldinger Fussball.

Trotz dëse gudden Noriichten, wëlle mir probéieren, fir ee Punkt iwwert d'Situatioun vun eisem Veräin no der Winterpaus ze maachen: Eis **1. Ekipp** steet an der 1. Serie vun der 2. Divisioun op der exzellenter 1. Tabelleplaz mat 37 Punkten a 55 zu 35 Goler. Eis **2. Ekipp** huet dës Saison leider misse Forfait erklären.

De Veräin huet sech schonns mat 2 Seniorsspiller verstäerkt. Et sinn dës den Alex FREYMANN an de Michel DIEDERICH. Alle béid komme si vun der Alliance Äischdall Hobscheid-Eischen.

Um Enn vum 1. Tour an der 4. Serie stinn eis **Cadeten** op der 6. Plaz mat 3 Punkten an 21 – 48 Goler. Well eis **Bambini**- a **Poupilles**-Ekippen am Ufank vun der Saison nach nit honnertprozenteg komplett waren, si verschidde Matcher nit gespillt ginn. D'Resultater spille bekanntlech bei de ganz Klengen nach keng grouss Roll. Um Enn vun der Hironn waren eis Ekippen awer dunn all komplett, awer leider huet de Coronavirus eis elo ee Stréch duerch d'Rechnung gemaach, an déi Kleng duerfen nit weise wat an hinne stécht.

Den Useldinger Fussball wollt dëst Joer sei **75. Anniversaire** feieren. De Coronavirus léisst dat bekanntlech nit méi zou, an eisen Organisatiounskommitee ënnert der Leedung vu sengem President Georges CALTEUX gesäit sech forcéiert, de folgende Communiqué erauszeginn:

**CORONA VIRUS & 75 JOER FUSSBALL - FC JEUNESSE USELDING**

**All Manifestatiounen, déi fir eise geplangte 75sten Anniversaire virgesi waren,sinn heimadder annuléiert an op dat nächst Joer verluecht ginn.**

**Wann erëm alles an de richtege Bunne leeft, komme mir op déi nei Datumen an déi ursprünglech virgesinnen Evenementer zeréck.**

**Bleift doheem a passt gutt op Iech op !**

Viraussiichtlech gi dir schonns an e puer Méint gewuer, wéi déi nei Datume fir eis Festivitéiten am Joer 2021 sinn. Dëst sinn: de Castleride, d'Aweiung vum Erënnerungsbam um Stade Nic. ANZIA, de Fussballcamp Alex KAPP, d'Akadeemesch Sëtzung, déi offiziell Buchvirstellung & Konveniat, eist grousst Zeltfest mat DJ'en a mat dem Orchester WALL-STREET, d'Coupe Nic. ANZIA.

Déi geplangten Ausliwwerung dëse Summer vun eisem voluminéise Buch bleiwt onverännert bestoen. Dir kënnt dëst Buch, dat mir um Enn vun dësem Communiqué kuerz virstellen, nach duerch eng Iwwerweisung vun 30.- Euro op den CCPL Konto vum FC JEUNESSE USELDANGE CCPL LU98 1111 7226 3885 0000 reservéieren. Eng Reservatioun vun enger Säit am Buch mat ärem Numm drop ass leider nit méi méiglech. D'Plaquette mat ärem Numm drop fir un eisen Erënnerungsbam ze hänken, kënnt dir och nach dat ganzt Joer iwwer mat enger Iwwerweisung vun 125,- Euro bestellen.

Ee ganz grousse Merci un all déi Leit an déi Firmaen, déi eis bis elo ënnerstëtzt hunn!

den Organisatiounskommitee vu 75 Joer Useldinger Fussball an de Kommitee vum FC Jeunesse Useldange.

*(Dat neit Dateschutzgesetz erliichtert eis et nit, all eis al Spiller a fréier affiliéiert Memberen erëmzefannen. Hat dir mol eng Lizenz beim Useldinger Fussball, a wëll dir un eise Festivitéiten 2021 fir déi 75 Joerfeier deelhuelen, da mellt Iech wannechgelift bei eisem Sekretär um lullwaltzing@pt.lu un.)*



Den Organisatiounskommitee vun 75 Joer FC JEUNESSE USELDANGE
1. Rei v.l.n.r.: Guy RECKINGER, Marc DASBOURG, Marcel KAUTHEN, Lucien WALTZING, Patrick NEUHENGEN, Luc HENDEL.
2. Rei v.l.n.r.: Jos. WAMPACH, Pollo BODEM, Gast RODERES, Georges CALTEUX, Jacques BOUDLER, Georges MAJERUS.
3. Rei v.l.n.r.: Armand HEIRENDT, Thierry BODEM, Gilles THIEL, Claude BOUDLER, Christophe KLEER.
Et feelen op der Foto: Roland MAY, Fernand ROSSI a Jeff ZIGRAND.



## Eng kuerz Presentatioun vun eisem Jubiläumsbuch, dat am Summer 2020 erauskënnt.

D'Buch presentéiert op senge méi wéi 350 Säite vill Geschichten a Geschichtleches ëm den FC Jeunesse Useldange, iwwert dat Duerf, an dem eise Veräin seng éischt Wuerzele geschloen huet an iwwert déi Leit, déi mat vill Improvisatioun, Asaz a Kënnen déi sportlech, sozial a wirtschaftlech Fundamenter zu Uselding geluecht hunn. D'Buch gëtt a Quadrichromie gedréckt a presentéiert sech an enger erfrëschender an innovativer Opmaachung vum Georges CALTEUX. Hei elo eng kuerz Auswiel vun den Artikelen, déi mir am Buch virstellen:

- Die Pionierjahre eines Vereines vum Georges CALTEUX
- D'Useldinger Härenekipp vum Fernand ROSSI
- Eng Fussballsbeicht vum Henri LOSCH
- De Bopa erkläert sengem Enkel vum Jemp SCHUSTER
- FC JEUNESSE USELDANGE - Die letzten 25 Jahre - eine lange Zeit des Umbruchs vum Georges MAJERUS
- Die geschichtlichen Ursprünge des Dorfes Useldingen - Rezente Erkenntnisse vum Stephie REICHERT
- Useldingen, das auserlesene Dorf vum Georges CALTEUX
- Der rasante Vorstoβ an die Weltspitze - Tom Habscheid, Para-Athlet und Weltrekordler aus Useldingen vum Georges MAJERUS
- Den Nic. ANZIA vun Uselding – eng facettëräich Liewenschronik vum Lou ANZIA-NEY
- Die Entstehung der Sportinfrastrukturen in der Gemeinde Useldingen vum Pollo BODEM
- "A fäerdeg ass de Lack" – Die Geschichte der Farbenfabrik ROBIN vum Georges MAJERUS
- Léon HUGOT und die zaghaften Anfänge des Radsports in Useldingen vum Georges MAJERUS
- Op Zäitrees: Vum Useldinger Camping zum Slow Tourismus am Réidener Kanton vum Gérard ANZIA
- Dem Nic. Spielmann säi komplett Fussballheft aus der Sammlung vum Albert WALTZING.

**A nach vill, vill aner interessant Theemaen, Artikelen a Fotoen ...**




**„Härenekipp FC Jeunesse Useldeng“ spendet für humanitäre Projekte.**


**Useldingen:** Es ist schon seit einigen Jahren zur schönen Tradition geworden, dass die „Härenekipp FC Jeunesse Useldeng“ einen Teilerlös ihres erfolgreichen Mittelalterfestes einem guten Zweck zukommen lässt. Wie Pollo Bodem, Vorsitzender der lokalen Vereinigung, im Februar bei der diesjährigen Schecküberreichung unterstrich, zeige man sich dieses Jahr ganz solidarisch mit der „Action pour un monde uni“.

Mit aufrichtigem Dank nahmen Claude Metz als Vorsitzender, Jean-Paul Frank als Kassierer und Marianne Harpes als Mitglied des Verwaltungsrates der Luxemburger Vereinigung mit Sitz in Filsdorf den Scheck über 3.000 Euro entgegen und präsentierten im Anschluss, anhand einer interessanten Powerpointprojektion, ihre derzeitigen Projekte sowie das Aufgabengebiet und die breit gefächerten humanitären Aktionen der ONG in Südamerika und Afrika.

Diese bedeutende Spende werde in Bolivien eingesetzt werden, um zusammen mit der Einbindung der lokalen Bevölkerung, ihre Lebensumstände in einem der ärmsten Länder der Welt auch wesentlich zu verbessern.

Foto: Charel Reiser

# SCHWAARZ SEEF « Made at home »




Schmierseife

Auf 1 Zäubel Holzasche die man abends eingeweicht hat, in einem weiten Sack, nehme man 5 Eimer Wasser, 8 einzel. Paquet Waschpulver (oder Vigor) was man hat von diesen 2 Sorten, 1-2 Stück Seife schneiden, alle Reste Seife die man hat beifügen, um zu schäumen, paar Päckchen aus der Apotheke (den Namen davon weiss ich nicht) 1 Glas reinen Öl.

Man koche erst ~~die klare Lauge~~ Lauge einige Stunden im Sack, nimmt dann den Sack heraus, lässt sich setzen, u. koche dann die klare saubere Lauge, solange bis man, an kleinen Proben in einem Geschirr erkennt ob sie steif wird, wie Gelée.

Oft schäumt sie über, dann schöpfe man schnell einen Eimer voll ab, u. stosse das Feuer zurück, das im Eimer wieder drin schütten u. dann sieht man ist sie gut

man kann noch mehr Seifenpulver holen auch ?, die hab ich gehabt hat aber schon 2mal so gemacht, allemal gut.



Seife als Beigabe, Stückseife oder Schmierseife einerlei ob es deren ist, die man selber gemacht hat (Eau de Javel), ~~oder~~ flüssige Seife die man zu kaufen kriegt 1/2 Ltr. ist ~~auch~~ gut dann bin sehr zufrieden gewesen immer mit diesem

**TRANSKRIPTION**

*Schmierseife*

*Auf 1 Kübel Holzasche, die man abends eingeweicht hat, in einem weiten Sack, nehme man 5 Eimer Wasser, 8 einzel Paquet Waschpulver (oder Vigor) was man hat von diesen 2 Arten, 1-2 Stücke Seife schneiden, alle Reste Seife, die man hat beifügen, um zu schäumen, paar Päckchen aus der Apotheke (den Namen davon weiss ich nicht) 1 Glas reinen Öls.*

*Man koche erst die klare saubere Lauge einige Stunden im Sack, nimmt dann den Sack heraus, lässt sich setzen, u. koche dann die klare saubere Lauge, solange bis man, an kleinen Proben in einem Geschirr erkennt, ob sie steif wird, wie Gelée.*

*Oft schäumt sie über, dann schöpfe man schnell einen Eimer voll ab, u. stosse das Feuer zurück, das im Eimer wieder drin schütten u. dann sieht man ist sie gut.*

*Seife als Beigabe, Stückseife oder Schmierseife einerlei ob es deren ist, die man selber gemacht hat (Eau de Javel nicht so gut), oder flüssige Seife, die man zu kaufen kriegt ½ ltr. ist auch gut drin, bin sehr zufrieden gewesen immer mit diesem.*

Ee Stéck Seef, wéi mir et nach bis virun engem Véirelsjorhonnert an all Haus kannt hunn, kënnt eis am Moment schonns e bëssen almoudesch vir. Bei eise Grousseltere louch ëmmer an enger parzeläins Seefeschuel och esou en ausgewäschent Stéck mat donkle Räss, wat nit onbedingt appetitlech ausgesinn huet.

Hautdesdaags, wou mir eis Ëmwelt musse schounen, a keen onnéidege Plastik méi kafen, ass dat amgaange sech nees ze änneren. Dat traditionellt Stéck Seef gëtt nees gefrot, a gëtt och erëm hei zu Lëtzebuerg aus natierleche Produkter artisanal hiergestallt. Dës Produkter, déi et ouni opwänneg Plastikverpakung ze kafe gëtt, gi ganz ouni gëfteg Chemikalien an op Basis vun alen traditionelle Rezepter handgemaach.

Mee och de knaschtege Coronavirus suergt am Moment duerfir, datt d'Seef voll am Trend läit. Wa mir de gudde Rotschléi vun den Experte follegen, solle mir eis jo reegelméisseg d'Hänn mat Waasser a Seef wäschen, an alles, wat mir mat den ongewäschenen Hänn ugepaakt hunn, duerno och gutt propper maachen. D'Seef mécht d'Bakterien nit futti, mee bënnt de Knascht, deen da mat Waasser ofgewäsch gëtt. Dem Coronavirus seng Enveloppe awer, déi aus Fetter a Proteinne besteet, gëtt vun der Seef opgebrach a verhënnert esou seng Verbreedung.

Am Verglach mat der flësseger Seef aus der Plastiksfläsch dierft ee Stéck Seef kee Problem sinn, well de Virus an deem fir hie feindleche Liewensraum nit laang iwwerlieft. Wann d'Stéck Seef awer andauernd vu ville verschiddenen Hänn benotzt gëtt, wéi zum Beispill op enger ëffentlecher Toilette, soll een dat awer meiden an nit benotzen.

Eng vun den ursprünglechste Methoden fir Seef hierzestellen ass mat Äschen. Schonns Rezepter aus dem Altertum nennen d'Äschen als eng vun den Haaptzutaten. Mat Waasser a mat planzlechem Ueleg zesumme gekacht, ass esou eng seefeg Lauge entstaanen.

Wou mir dann och elo zu deem flotte Rezept aus dem Kasselshaus aus der Ieweschtgaass zu Uselding kommen, dat eis frëndlecherweis vum Jeanny a Guy Zimmer-Hennico zur Verfügung gestallt gouf. Dëst Rezept gouf beim Raumen um ieweschte Späicher erëmfonnt a kann op d'Zäit virum Zweete Weltkrich datéiert ginn.



Ancienne publicité VIGOR, Savon en poudre

Text: GMS

# Useldenger Klimateam News

*D'Zäit verflitt! Mir si schonn 2020 an an engem Joer gi mer gewuer, ob mir eis Klimaziler fir 2020 erreecht hunn. De Moment gëllt et fir nei Klimaziler bis 2030 festzeleeën. D'Europäesch Unioun a Lëtzebuerg hunn dat jo schonn iwwert déi leschte Joren a Méint gemaach. Kierzlech huet sech och eist Klimateam Gedanke gemaach, wat mir an eiser Gemeng wëllen iwwert déi nächsten 10 Joer erreechen.*

*Op de nächste Säite stelle mir Iech eis nei Klimaziler bis 2030 vir.*

**Quantitative Klima-Ziele der Gemeinde Useldingen für 2030:**

- **$CO_2$ Emissionen des Gemeindegebietes (-50% i.V. 2014): 6 500 Tonnen/Jahr**
- **Anteil Strom aus erneuerbaren, lokalen Energien am Gesamtverbrauch: 23%**
- **Anteil Wärme aus erneuerbaren, lokalen Energien am Gesamtverbrauch: 25%**

**Hauptziele**

**Pro-Kopf-Verbräuche**

1. Pro-Kopf Stromverbrauch
   2 MWh / Jahr
2. Pro-Kopf Wärmeverbrauch
   7,5 MWh / Jahr
3. Pro-Kopf Wasserverbrauch
   100 l / Tag
4. Pro-Kopf Müllvolumen
   20 l / Woche

**Kommunale Gebäude & Anlagen**

5. $CO_2$ Emissionen der kommunalen Gebäude (-80% i.V. 2014)
   60 Tonnen / Jahr
6. Kommunaler Stromverbrauch
   (-20% i.V. 2014) : 37 kWh/m2 Jahr
7. Kommunaler Wärmeverbrauch
   (-47% i.V. 2014) :85 kWh/m2 Jahr
8. Kommunaler Wasserverbrauch
   (gleich wie 2014) : 155 l/m2 Jahr
9. Kommunaler Wärmeverbrauch aus erneuerbaren Energien : 80 %
10. Verbrauch der Straßen-Beleuchtung (-42% i.V. 2015): 100.000 kWh / Jahr

**Weitere Indikatoren**

11. Recyclingquote unseres Abfalls
    70 %
12. Modal Split
    52% MIV ; 25% ÖV ; 23% Fuss & Rad

**Qualitative Klima-Ziele der Gemeinde Useldingen für 2030**

**1. Energieeffizienz und erneuerbare Energien**

Die Gemeinde Useldingen pflegt weiterhin eine präzise und regelmäßige Erfassung und Auswertung der kommunalen Energie- und Wasserverbräuche. Durch neue effiziente Heizungsanlagen auf Basis von erneuerbaren Energien, optimierte Heizungs-Regelungen, LED-Beleuchtung im Außen- & Innenbereich sowie Dämmungs-Maßnahmen will die Gemeinde ihre Energieeffizienz und den Anteil an erneuerbaren Energien in den nächsten Jahren weiterhin optimieren.
Mit finanziellen Anreizen und ein breites Beratungsangebot plant die Gemeinde einen respektvollen Umgang der Energieressourcen bei ihren Einwohnern zu erzielen.

DE GRÉNGEN ECK







**2. Mobilität**

Ein sicheres, direktes und flächendeckendes Fuß- und Radwegnetz soll den Anteil der aktiven Mobilität erhöhen. Ein besonderes Augenmerk soll auf den Schulweg gerichtet werden. Ziel ist es, dass alle Ortschaften der Gemeinde über Feld- & Radwege, welche für Nicht-Anrainer gesperrt sind, an Useldingen angeschlossen sind.

Alle kommunalen Straßen werden demnächst als 20/30er Zonen ausgewiesen und die Gemeinde denkt auch an die Hauptstraße um die Burg teilweise in eine 30er Zone umzuklassieren.


Die Gemeinde arbeitet daran die Bedingungen für den öffentlichen Verkehr kontinuierlich zu verbessern (Bushaltestellen, Sensibilisierung).

**3.Raumplanung**


Alle neuen Baugebiete werden als Spielstraßen geplant. Die Gemeinde Useldingen legt großen Wert auf direkte Fußwegverbindungen und durchgehende Begrünung. Die Gemeinde fordert die Nutzung der Solarenergie auf neuen Häusern oder/und den Bau von Gründächer.

Die Bewirtschaftung des Regenwassers soll möglichst offen und natürlich gestaltet werden, mit einem Schwerpunkt auf Versickerung. Die Reduktion der Bodenversiegelung soll reduziert werden und die Lichtplanung wird gemäß den Handlungsempfehlungen für gutes Licht im Außenraum erfolgen.

**$CO_2$ Emissionen des Gemeindegebietes (-50% i.V. 2014) für 2030: 6 500 Tonnen/Jahr**




**Anteil Strom aus erneuerbaren, lokalen Energien am Gesamtverbrauch für 2030: 23%**




*Fir d'Erreeche vun dëse Klimaziler si mir un d'Efforte vun all eise Bierger ugewisen. Well ouni Iech schaffe mir dës Transitioun net. Dowéinst gräifft op eis Infostuff zréck, wann Dir Informatiounen zu erneierbaren Energien, Mobilitéit, Sanéierungen, Reewaassernotzung asw. hutt.*

*Den Ëmsëtzungsplang, fir dës Ziler ze erreechen, fannt Dir hei: http://klima.lu/gemeinde-useldange*

DE GRÉNGEN ECK

INFO STUFF
ENERGIE WAASSER KLIMA

# INFOSTUFF

## GRATIS BERODUNG FIR BIERGER A BETRIBER VUM RÉIDENER KANTON

**BAUT, RENOVÉIERT ODER AMENAGÉIERT AM RESPEKT MAT EISER ËMWELT A PROFITÉIERT VU STAATLECHEN A KOMMUNALE PRIMMEN**

**Waasser spueren & Drénkwaasser-qualitéit**

**Gestioun vum Reewaasser**




**Erneierbar Energien**


Photovoltaik*
Thermesch Solaranlag*
Pellets- & Holzheizung*
Wärmepompel (Loft/Geothermie)*


**Nohalteg Mobilitéit**

Vëlo*
E-bike*
Bus/Zuch
E-Auto*

**Energie spueren**

Ekologesch Isolatioun*
Detektéiere vun Energiefriesser
Optimiséierung Fënsteren / Heizung*






**Gratis Hëllef**

Disponibel Primmen
Gesond a nohaltegt Wunnen
Fiichtegkeet/Schimmel
Administrativ Prozeduren
Reglementer

**Ekologesch Amenagementer**

Waasserduerchlässege Belag
Planung vu naturnoe Gäert

*Staatlech a/oder Kommunal Primmen

energie atelier · Maison de l'eau · Contrat de rivière Attert – Fluss Partnerschaft · KlimaPakt – meng Gemeng engagéiert sech · Infopoint · Syndicat Intercommunal "De Réidener Kantón"

www.energieatelier.lu
www.attert.com
www.klima.lu

26 62 08 01 43, Groussgaass . Réiden un der Atert . Méindes-Freides: 8h-12h & 13h-17h

# Nei kommunal Subside fir Photovoltaik- a Reewaasseranlagen

D'Gemeng Useldeng huet am Februar nei kommunal Subside fir Photovoltaik- a Reewaasseranlagen agefouert.

### 1. Kommunal Subside fir PV-Anlagen

Nei kommunal Subsiden = 125% vun de staatleche Subsiden* mat engem Maximalbetrag vun 2.000 €
(*déi staatlech Subside belaafe sech op 20% vum Invest (HTVA))
Dozou kommen nach d'Suen, déi Dir 15 Joer laang fir de Verkaf vun ärem produzéierte Stroum kritt!

**Är Anlag ass esou spéitsens no 10 Joer zréckbezuelt.**
**Froen? Rufft eis u fir eng gratis Berodung!**
**Réidener Energieatelier – Infostuff**
**T: 26 62 08 01**
**Mail: info@energieatelier.lu**



### 2. Kommunal Subside fir Reewaasseranlagen

Nei kommunal Subsiden = 150 % vun de staatleche Subsiden *
Nei kommunal Subsiden = 150% vun de staatleche Subsiden* mat engem Maximalbetrag vun 1.500 €
(*déi staatlech Subside belaafe sech op 25% vum Invest (HTVA) mat engem Maximalbetrag vun 1.000€)

**Hu Dir es och sat fir eist kostbaart Drénkwaasser d'Toilette erofzespullen?**
**Wëllt Dir hëllefen den Héichwaasserrisiko besser an de Grëff ze kréien?**
**Wëllt Dir är Waasserrechnung méi kleng maachen?**
**Ob Neibau oder bestehend Haus, rufft eis u fir ee gratis Rot!**
**Waasserhaus vu Réiden – Infostuff**
**T: 26 62 08 08**
**Mail: maison.eau@attert.com**

# Wat gëtt et Neits an der Mobilitéit?

### Gratis Bus & Zuch ab dem 1. Määerz 2020



Ab dem 1. Määerz ass de Bus an Zuch (2. Klass) a ganz Lëtzebuerg GRATIS. Profitéiert vun dëser Offer, déi et nëmmen an engem eenzege Land op der ganzer Welt gëtt, a loosst Iech duerch eist wonnerschéint Ländche kutschéieren.

### $CO_2$ ausstoussen kascht elo!

Am neie Klimaplang ass eng CO2-Steier op de Bensinn, Diesel, Gas a Masutt virgesinn. Dës gëtt 2021 agefouert a läit am Ufank bei 20€ pro Tonn CO2, duerno soll se all Joer bis 2023 ëm 5€ klammen (2023 –> 30€). Lëtzebuerg ass ee vun deenen europäesche Länner, déi dës Ëmweltsteier ganz spéit aféieren. Am Lännervergläich, ass eis Steier mat déi nidderegst. De Sprit gëtt 2021 ëm 5 Cent méi deier. Verschmotze soll a muss kaschten.

### Nei Vëloskaart




Déi 4. Editioun vun eiser Vëloskaart vum Westen ass ab elo disponibel. Hei sinn all déi nei Vëlosweeër dran, mat villen Informatiounen zu eisen Attraktiounen, Restauranten an Iwwernuechtungsméiglechkeeten.


Dir kritt dës Vëloskaarte gratis:

- Am TouristInfo (1 am Millenhaff) zu Useldeng
- Infostuff (43, grand rue ) zu Réiden

### Neit Bus-Netz zu Lëtzebuerg ab 2022




De Mobilitéitsminister François Bausch ass de 6. Februar op Réiden dat neit RGTR-Busnetz virstelle komm, dat Enn 2021 an d'Ëmsëtzung geet.




### Wat ännert sech landeswäit?

- Et kënnt eng kloer Struktur eran. All d'Bussen, déi aus der Stad an de Réidener Kanton fueren, fänke mat der Ziffer "9" un.
- Et ginn Express-Busser fir an d'Stad (Stäreplaz) agefouert, déi just 1x an all Uertschaft ausserhalb vum Kanton stoebléiwen. D'Express-Busser erkennt een dodrunner, dass déi 2. Ziffer eng "0" ass, also 901, 902, 903,..... D'Express-Linn 901 wäert vu Rippweiler iwwer Säll op d'Stäreplaz fueren.
- Déi Regional-Linnen bléiwen op all Arrêt, wéi bis elo gewinnt, stoen. D'Linn 911 fiert vu Mäerzeg iwwert d'Schweebecherbréck an d'Stad.
- Déi Lokal-Linnen (keng Verbindung an d'Stad) hunn op 2. Stell eng "2", "3", "4", "6"..., wéi d'Linn 942, déi vun Uewerpallen iwwer Rippweiler, Useldeng a Schandel op Ettelbréck fiert.
- D'Quer-Linnen hunn eng "5" op 2. Stell, wéi d'Linn 950, déi vunn Arel iwwer Groussbus op Ettelbréck fiert.
- D'Busser fuere generell méi spéit, vu moies 5:00 bis owes 23:00. Och sonndes gëtt de Service däitlech erhéicht.
- Et gëtt eng kloer Trennung mam Schoulverkéier gemaach (separat Linnen).
- Grouss Efforte ginn ënnerholl, fir d'Busspueren ze erweideren

### Wat ännert sech fir eis Gemeng?

- Schnellbus Maartel – Schweebecherbréck - Stäreplaz (Linn 901)
  - › Bléift bei eis an der Gemeng stoen: Rippweiler
  - › Fiert méindes-samschdes vun 5:00 bis 23:00
  - › Ab de Spëtzestonnen (6:00-9:00 & 16:00-19:00) all 30 Minutten; soss all 60 Minutten, ab 21.00 all 120 Minutten
  - › Fiert sonndes all 120 Minutten

- Regionalbus vun Uewerpallen op Ettelbréck (Linn 942)
  - › Bléift bei eis an der Gemeng stoen: Rippweiler, Useldeng Beim Gärdner, Useldeng Spuerkeess 1, Schandel Kiirch, Schandel Viichtenerstrooss
  - › Fiert méindes-samschdes wärend de Spëtzestonnen (5:00-9:00 & 16:00-19:00) am 60-Minutten-Takt, soss am 120-Minutten-Takt
  - › Fiert sonndes (6:00-22:00) all 120 Minutten

- Regionalbus vu Réiden op Miersch (Linn 934)
  - › Bléift bei eis an der Gemeng stoen: Iewerleng Everlénger-millen, Iewerleng Beim Engel, Useldeng Spuerkeess 1, Useldeng Raiffeisekeess
  - › Fiert méindes-samschdes vun 5:00 bis 23:00
  - › Ab de Spëtzestonnen (6:00-9:00 & 16:00-19:00) all 30 Minutten; soss all 60 Minutten, ab 21.00 all 120 Minutten
  - › Fiert sonndes all 120 Minutten

De Bus-Reseau bleift Work-in-progress an Doleancë vu de Gemenge kënnen och weiderhin nach opgeholl an ëmgesat ginn.




# Schadstoffverpackungen

Sicher entsorgen - Alternativen nutzen !

# Emballages de produits nocifs

Éliminer en toute sécurité - utiliser des alternatives !

**In Haushalt und Garten, beim Reinigen, beim Pflegen und Renovieren fallen auch Chemikalien an, wie z.B. Spezialreiniger, Farben, Lasuren, Schutzanstriche, lösungsmittelhaltige Kleber, aber auch Öle, Fette und Kraftstoffe sowie Pflanzenbehandlungs- und Schädlingsbekämpfungsmittel etc.**

**Produkte, die Gefahrstoffe enthalten, sind leicht an den Gefahrstoffsymolen zu erkennen. Diese sind auf der Spitze stehende Rauten mit rotem Rand, wie z.B.:**

- **das Ausrufezeichen für allgemeine Gesundheitsgefahr**
- **die Flamme für leicht entzündliche Stoffe**
- **der tote Fisch und Baum für Umweltgefahr**
- **die Körpersilhouette für ernste Gesundheitsgefahr**

**Dans le ménage et le jardin, au nettoyage, au toilettage et la rénovation des produits chimiques sont utilisés tels que nettoyants spéciaux, peintures, vernis, revêtements protecteurs, adhésifs à base de solvants, mais aussi huiles, graisses et carburants ainsi que des agents de lutte contre les mauvaises herbes et les ravageurs, etc.**

**Les produits contenant des substances dangereuses sont facilement reconnaissables par les symboles des substances dangereuses. Ce sont des pictogrammes rouges, tels que:**

- **le point d'exclamation pour risque sanitaire général**
- **la flamme pour les substances hautement inflammables**
- **le poisson et l'arbre mort pour les risques environnementaux**
- **la silhouette du corps pour un risque grave pour la santé**

Schadstoffe können in die Verpackung diffundieren. Bringen sie daher nicht nur Behälter mit Anhaftungen, sondern auch restentleere Behälter zur **SuperDrecksKëscht®** mobil oder zum Recyclinghof.

Les contaminants peuvent se diffuser dans l'emballage. Par conséquent, apportez non seulement les récipients avec restes, mais aussi les emballages vides à la **SuperDrecksKëscht®** mobile ou le centre de recyclage.

## Hinweise - Conseils

Informieren Sie sich über die Bedeutung der Gefahrensymbole !

Informez-vous sur la signification des symboles de danger!

Auch bei entleerten Schadstoffverpackungen: Achten Sie auf die Etikettierung und lagern Sie sie ausserhalb der Reichweite von Kindern.

Même avec un emballage contaminé vidé: Faites attention à l'étiquetage et rangez-le hors de portée des enfants.

Benutzen Sie möglichst schadstoffarme oder –freie Produkte! Achten Sie auf das Label ‚Clever akafen‘ und bei anderen Produkten auf Umweltzeichen, wie den ‚blauen Engel'.

Utilisez de préférence des produits moins polluants ou sans polluants ! Faites attention au label «Clever akafen» et aux autres produits éco-labelisés tels que l' «ange bleu».

## Circular-Economy

Auch aus Schadstoffverpackungen können Sekundärrohstoffe zurück gewonnen werden. Dies geschieht in modernen Anlagen, die für die Verarbeitung von Schadstoffverpackungen geeignete Sicherheitstechnik haben.

Des emballages contaminés peuvent également être produits des matières premières secondaires. Cela se produit dans les usines modernes, qui disposent d'une technologie de sécurité appropriée pour le traitement des emballages contaminés.

## Energie - Énergie

Ein weiterer Teil wird energetisch verwertet, also unter Gewinnung von Energie verbrannt. Oder es wird ein Ersatzbrennstoff hergestellt.

Une autre partie est utilisée énergétiquement, alors l'incinération avec la production d'énergie. Ou un carburant de substitution est produit.


## Ressourcenpotential Schadstoffverpackungen

**(Säuren, Laugen, Photochemie)**

## Potentiel de ressources

Emballages de produits nocifs (acides, bases, photochemie)

Nehlsen saubere Leistung




**Wichtigste Outputströme**
Les flux plus importants

**Mahlgut HD-PE**

**Broyat HD-PE**

**Ersatzbrennstoff**

**Combustible de substitution**

# Medikamenter - Wouhin ?

SDK
RESSOURCEN
INNOVATIOUN
NOHALTEGKEET
CIRCULAR ECONOMY
SuperDrecksKëscht ®


## Medikamente gehören **nicht** in die Abfalltonne, Toilette oder den Waschbecken !

## **Ne jetez pas** les médicaments dans la poubelle, la toilette ou le lavabo !

### Für Ihre Sicherheit und die Ihrer Mitmenschen

Helfen Sie mit, dass abgelaufene und nicht genutzte Medikamente nicht über Restmüll, Toilette oder Abwasser in die Umwelt gelangen und somit uns und unsere Umwelt gefährden!

Nutzen Sie die Abgabemöglichkeiten in Ihrer Apotheke sowie der SuperDrecksKëscht® mobil und im Recyclinghof!






### Pour votre sécurité et celle de vos citoyens

Participez à l'action visant à ce que les médicaments périmés et inutilisés ne terminent pas dans l'environnement via les déchets résiduels, la toilette ou les eaux usées et portent ainsi atteinte à ce dernier !

Utilisez les opportunités de reprise offertes par votre pharmacie ainsi que la SuperDrecksKëscht® mobile sans oublier les centres de recyclage !

**Info: medi.sdk.lu**

**Die SuperDrecksKëscht® kümmert sich um die umweltgerechte Behandlung.**

Medikamente und Spritzen werden in speziellen Hochtemperaturverbrennungs-Anlagen behandelt.

Beipackzettel und Verpackungen werden recycelt.



Sortierung - Tri

**La SuperDrecksKëscht® prend soin du traitement écologique.**

Les médicaments et les seringues sont traités dans des installations d'incinération à haute température.

Les notices explicatives et les emballages sont recyclés.

### Achtung !

- Auch abgelaufene und nicht genutzte Kosmetika werden von der **SuperDrecksKëscht®** angenommen.
- Nutzen Sie für Spritzen und Kanülen den Sicherheitsbehälter – erhältlich auch in Ihrer Apotheke. Bitte diesen korrekt verschliessen!

### Attention:

- La **SuperDrecksKëscht®** accepte également les produits cosmétiques périmés et inutilisés.
- Pour les seringues et embouts de canules, utilisez le récipient de sécurité que vous recevez dans votre pharmacie. Fermez le récipient correctement !

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
Administration de l'environnement

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Syndicat des Pharmaciens Luxembourgeois

# Natur am Duerf

**Do wou de Mënsch Liewensraum bitt fir Déieren an Planzen, do léisst et sech gutt zesumme liewen. Fir d'Fréijoër proposéiert iech d'Waasserhaus zwou Aktioune fir méi Natur am Duerf !**




## 1 Ee Naturgaart ronderëm d'Haus

Wann Dir fir Är Alentouren gären berode gitt oder ee **Konzept fir ee Naturgaart** ausgeschafft hätt, dann melt Iech beim Waasserhaus zu Réiden. Mir kënnen dëst Joer 10 esou Konzepter fir Iech erstellen.

Plang vun engem Naturgaart (Pierre JAAQUES, Waasserhaus)

## 2 Eng Blummewiss am Gaart

Wei all Joer, bitt d'Waasserhaus iech, am Kader vun der Campagne ouni Pestiziden, Titercher mat **Blummewisesom** un. Dëse Blummesom enthält eng Mëschung mat zu Lëtzebuerg eenheemeschen Aarten. Si ass gutt fir d'Beien an erhéicht d'Biodiversitéit an ärer Wiss. Mir hunn gratis Titercher fir 1m$^2$ Wiss (maximal 5 Titercher pro Haushalt) an Tuten fir 30 m$^2$ zum Preis vun 15 €.




*Maison de l'Eau de l'Attert asbl | 43, Grand-Rue |L-8510 Réiden |Tel. 26 62 08 08 | maison.eau@attert.com| www.attert.com*

# BA Altersheem Réiden












Pandemie weltwäit – Versammlungsverbuet zu Lëtzebuerg – an domat dann och keng Versammlunge fir eis Memberen. Dëst iwwert déi ganz Zäit ze vermëttelen, a grad an dem Alter vu Biber a Wëllefcher, ass net einfach.

Vun dem Verband an de jeeweils zoustännegen Ekippe komme jo ëmmer nees nei Ideeë fir d'Kanner, fir dass si doheem trotzdeem déi eng oder aner Beschäftegung als 'Scout' hunn. Esou och ass virun Ouschteren d'Idee komm, dass eis Klengst kéinten eppes molen, bastelen, wat mir dann de Leit bei der BA Akaf kéinte mat an d'Tut leeën.

An der Press ass ëmmer nees Thema, dass – bedéngt duerch d'Pandemie – d'Leit an den Altersheemer sech 'ewech gespaart' fillen, sech aleng virkommen, vun der Welt ofgetrennt. Heirop hu mir als Groussbuser Grupp déi Idee vun dem Verband weider gesponnen, an hunn eis geduecht, firwat net dës Biller a Bastlereien huelen, an de Leit aus dem Altersheem schenken? Heirop dann hu mir als Chef Kontakt mat der Direktioun opgeholl a mir hunn een Dag ofgemaach, wou ee Vertrieder vun der Direktioun eis Geschenker iwwerreecht krut. Vu Groussbus aus huet dëse Part ee vun eisen AvEx iwwerholl, wat hien och tipp-top gemaach huet.

Ee grousse Merci op dëser Plaz der Direktioun vun dem Altersheem vu Réiden, fir hir Bereetschaft, dës Aktivitéit matzemaachen. Merci eise Biber, eise Wëllefcher an AvEx fir déi flott Aarbechten, déi si gemaach hunn.

Ee spezielle Merci awer och un RTL Televisioun fir dee flotte Reportage, dee si gemaach hunn.

Hei drënner dann nach e puer Impressiounen, wat eis Biber, Wëllef an AvEx geleescht hunn. Mir wënsche vill Spaass bei kucken.

# BA Flüchtlingen aus dem Irak

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Saint Maximilian Kolbe
Groussbus







Iwwert déi sozial Netzwierker si mir ufangs vun der Pandemie opmierksam ginn op eng Famill, Flüchtlingen aus dem Irak, déi amgaange sinn, Masken ze bitzen an domat dem Land wëlle merci soen, dass si opgeholl gi sinn.

Nodeems mir Kontakt opgeholl hunn an d'Leit gewuer gi sinn, firwat mir Maske brauchen (eis BA), war et eigentlech nëmmen eng Saach vu Stonnen, bis mir gewuer gi sinn, dass mir Masken zur Verfügung géife gestallt kréien. Op dëser Plaz géife mir nach eng Kéier dëse Leit wëlle merci soen.

Wéi mir dorophi gefrot goufen, ob mir hëllefe kéinten, fir eng Wäschmaschinn an een Dréchner fir d'Leit ze fannen, war et fir eis kloer, dass mir hinnen och géifen hëllefen. An nees eng Kéier iwwert déi sozial Netzwierker hunn dës Kéier mir dann een Opruff gemaach – een Opruff, deen eng ganz grouss Resonanz hat.

Den 08.04. war et dunn esou wäit – mir si bei ee Spender an d'Fiels béid Saache siche gefuer an hunn d'Saachen op Wolz bei d'Famill bruecht.

Als Grupp freeë mir eis, dass mir dëse Leit och konnten hëllefen, dass mir si hunn dierfe kenneléieren. Wéi uewe scho gesot, hinne merci fir d'Masken – awer och fir déi léif Begréissung vun hinnen, wéi mir ukomm sinn. Merci fir d'Erfrëschung an de Kuch an hinnen nach all Guddes hei zu Lëtzebuerg



# Gemeinsame Geburtstagsfeier im Home Saint François

**Redingen/Attert:** Mit 97 Jahren war es die älteste und mit 79 Jahren die jüngste der insgesamt 21 Heimbewohner, die bei der letzten gemeinsamen Geburtstagsfeier des Jahres 2019, die denjenigen der Monate Oktober und November geborenen Jubilare gewidmet war, mit Rosen geehrt wurden. Nachdem Home-Direktor Ensch mit seinen Mitarbeiterinnen aus dem Club „R "die Glückwünsche des Hauses entgegenbringen durfte, und die Gelegenheit nutzte das kürzlich neueingestellte Personal vorzustellen, sorgte Entertainer Jeannot Conter mit flotter Unterhaltungsmusik für beste Stimmung im Saal. Traditionsgemäß konnten alle Geburtsgaskinder das Glas Sekt und das Festmenü mit dem Geburtstagskuchen, das den Jubilaren zusammen mit ihren Familienmitgliedern aufgetischt wurde, auch gut munden.

Geehrt wurden für den Monat Oktober: Suzanne Morbach (80 Jahre), Suzanne Zieser-Faber (87), Sr. Léonie (85), Nicole Jaeger-Scholtes (82), Lisa Majerus-Bertemes und Marie-Josée Kneip (85), Jacqueline Zigrand-Lamesch (80), Victorine Manternach(94) und Suzanne Juchem- Dax (97). Monat November: Henriette Heinen-Schmit (90), Geneviève Keipes-Wildschütz (92), Mathilde Bernard-Käfer (79), Hilda Derneden-Leclerc (83), Eliane Fasbinder-Servais (95), Claire Jacques-Goeders (87), Roger Mersch und Julie Girres-Brill (91), Henriette Kleer-Thimmesch (88), Armand Kleer (90), Anne Trierweiler-Schaus (89) und Albert Sanavia (87).

Text/Foto: Charles Reiser






De Summer steet virun der Dier. Déi perfekt Zäit fir vun eisem super regionale Vëlosnetz ze profitéieren.

Fir eis Landschaft gemittlech an a Rou ze genéissen, profitéiert vun der Offer vum TouristInfo Atert-Wark vum Juni-September 2020 a lount Iech ee

# Pedelec E-Bike fir 22€ den Dag

**TouristInfo Atert-Wark**
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange
+352 23 63 00 51 28
info@visitguttland.lu

Fir Är Sécherheet ze garantéieren, hale mir eis streng un Hygiènes- a Sécherheetsmoossname beim Ofhuelen an dem Zeréckbrénge vun de Pedelecs. D'Pedelecs ginn desinfizéiert a mir halen eis un den Sécherheetsofstand.

## Ëffnungszäiten

Méindes-Freides: 10h00-12h00 & 13h00-17h00
Am Juli & August ass eise Büro weekends zu den selwechten Ëffnungszäiten fir Iech op.

Gratis Vëloskaarten kritt Dir an der TouristInfo Atert-Wark!
*Dës Offer gëllt just falls déi aktuell Situatioun opgrond vum Covid-19 et zoulëßt.


VISITT GUIDÉEËN OP DER BUERG
All Donneschdes:
20.07-29.08.2020
20h - 21h30
klassesch Visitt mat Sonnenënnergang um Donjon
SPECIAL Visitt by night
Freides: 07.08.2020
21h - 23h30
Eemol am Joer kann een d'Buerg och by night erliewen. Wärend bësse méi wéi 2 Stonnen, erlieft dir d'Buerg vun enger anerer Säit. De Guide hellt iech mat op eng Rees voller Iwwerraschungen, wou dir net nëmmen Seegen erziellt kritt mee och nach di eng oder aner geheim Platz vun der Buerg wäert entdecken.
TREFFPUNKT:AM MILLENHAFF
DEN ENTRÉE ASS FRÄI
MÉI INFORMATIOUNEN & UMELDUNG:
INFO@VISITGUTTLAND.LU ODER WWW.VISITGUTTLAND.LU

# LOGO-UND NAMENSWETTBEWERB
# KANNERKLUB RÉIDENER-SCHWÄMM





Wir suchen EIN Logo und EINEN Namen für unseren neuen Kinderklub, welche uns in der Kommunikation nach Innen und Außen in den nächsten Jahren repräsentieren sollen.

Euer Logo und Namensvorschlag kann bis zum 15. Juli 2020 sowohl digital als auch handgezeichnet eingereicht werden. Schickt eure Vorschläge per Mail an info@reidener-schwemm.lu oder per Post an Réidener-Schwämm ; B.P. 71 ; L-8501 Redange/Attert.

Teilnahmebedingungen:

1. Alle Kinder im Alter bis zu 12 Jahren.
2. Jede/r Teilnehmer/in kann nur ein Logo und einen Namen abgeben.
3. Das Logo auf der Vorderseite „LIBELLE“ ist lediglich als Basislogo zu benutzen. Die Libelle kann und soll beliebig verändert werden.
4. Mit der Einreichung des Vorschlages werden die uneingeschränkten Nutzungs- und Bearbeitungsrechte im Bezug auf das betreffende Logo und Namen an das Schwimmbad abgetreten.
5. Die eingereichten Unterlagen müssen die persönlichen Daten: (Vor.- und Zuname, Anschrift, Telefonnummer und ggf. Emailadresse enthalten).
6. Mit der Teilnahme am Wettbewerb erklärt sich der Teilnehmer/in damit einverstanden, seine/ihre persönliche Daten zu veröffentlichen sowie der Datenschutzerklärung zuzustimmen.



Technische Anforderungen :

1. Einreichung in Papierform DIN A4-Format
2. Datei-Format PDF oder JPG

ZU GEWINNEN :

1. PREIS – 2 GANZTAGESABO FÜR 3 MONATE
2. PREIS – 2 GANZTAGESABO FÜR 1 MONAT
3. PREIS – 10 TAGESKARTEN

DIE GEWINNER DES WETTBEWERBES WERDEN SCHRIFTLICH INFORMIERT BIS SPÄTESTENS ZUM 01.AUGUST 2020. LOGO UND NAME DES NEUEN KINDERKLUB'S WERDEN IN DER PRESSE VORGESTELLT!

# Réidener Schwëmm, 100.000 ten visiteur

Am Dezember 2019 war de Büro vun der Réidener Schwämm zesumme mat hirem Direkter, dem Jean-Claude Kemmer, ganz houfreg den 100.000. Visiteur fir 2019 ze begréissen.

Nieft de Membere Christian Frank, Roger Gereke a Marc Rehlinger war et dem Präsident Patrick Wampach eng grouss Éier den Här an d'Madamm El Maizi vun Habay-la-Neuve ze begléckwënschen an hinnen e Kaddo am Wäert vu 500 € ze iwwerreechen.

Dat lafend Joer war eng richteg success story fir d'Réidener Schwämm mat gréissere Renovatiounen, a virun allem mat der Ouverture vum spektakuläerste Rutschtuerm aus der Groussregioun.

Fir dëst Joer si weider Investitioune geplangt, mat ënner anerem engem Baseng am Saunaberäich, sou datt d'Réidener Schwämm och fir déi kommend Joren dierft beschtens opgestallt sinn.

Text: Roger Gereke





# Europadag 2020 am Zeeche vum Coronavirus

Bei Geleeënheet vum Europadag den 9. Mee 2020 hunn sech d'Buergermeeschteren aus dem Kanton Réiden mat de Vertrieder vun der Gemeng Atert aus der Belscht beim Grenzsteen zu Kolpech (L) / Grendel (B) getraff fir un deen historeschen Dag vum Robert Schumann senger Deklaratioun vu viru 70 Joer ze erënneren.

Den Europafändel gouf eropgezunn an et gouf ernimmt, dass nëmmen ee staarkt Europa de Fridden an der Welt garantéiert. Et gouf awer och ervirgehuewen, dass et inakzeptabel vun eisen Nopeschlänner war, fir d' Grenze wärend dem Coronavirus zou ze maachen.

Wéi op de Fotoen ze gesinn, koumen d'Gemengevertrieder nit der laanscht, hir Masken ze droen



op der Foto vu lénks no riets: de Buergermeeschter aus der Gemeng Useldeng Pollo Bodem, Député-Maire vun Atert Josy Arens a sain Scheffen Benoît Tassigny.

Text: Tom Lehnert

AM KANTON

## Aleedung a Kontext

Kuel a Stol. Dat war den Ufank. An dem Robert Schuman seng Deklaratioun vum 9. Mee 1950. Haut op den Dag viru 70 Joer. De Schuman koum hei zu Lëtzebuerg op d'Welt. Hie gëllt als ee vun de Grënnungspäpp vun Europa, wéi mir et haut kennen. D'Belsch, Däitschland, Frankräich, Holland, Italien a Lëtzebuerg hunn 1952 nom Plang vum Robert Schuman d'Europäesch Gemeinschaft fir Kuel a Stol (CECA) geschafen. Domadder gouf net nëmmen de Fridden tëschent dëse Länner assuréiert, mee virun allem de Grondstee fir déi spéider Europäesch Unioun geluecht.

Déi selwecht sechs Länner hunn 1957 eng Wirtschaftsgemeinschaft an d'Liewe geruff. Dorauser ass d'Europäesch Gemeinschaft (EG) entstanen. Ëmmer méi Länner koumen derbäi. Am Joer 1993 ass mam Vertrag vu Maastricht d'Europäesch Unioun (EU) gegrënnt ginn. Haut nennen eppes Klenges méi wéi 500 Millioune Leit d'EU hiert Doheem.

Dann ass do nach Schengen. Duerch d'Ofkommes vum 14. Juni 1985, viru 35 Joer, huet dat klengt Wënzerduerf am Dräilännereck et fäerdeg bruecht, weltwäit bekannt ze ginn. Schengen steet fir fräie Gidder- a Persouneverkéier. Schengen ass e Meilesteen. Fir all déi Leit, déi an deem Raum liewen. Well Schengen steet fir en Europa mat oppene Grenzen. A fir Frëndschaft.



A genau dat Europa huet an de leschte Wochen zolidd Téitsche krut. Well deem engen an deem aneren op eemol d'Haut méi no war wéi d'Hiem. Wuel kee konnt sech a senge kéngsten Dreem virstellen, datt eng Rei Nationalstaaten erëm géinge Barrièren opriichten a Kontrolle maachen, déi de Passage vun engem Land an dat anert erschwéieren oder onméiglech maachen.

**Deklaratioun fir den 9. Mee 2020**

**Fir en Europa mat oppene Grenzen**

Europa huet dat zesummebruecht, wat zesumme gehéiert. Europa, dat ass en Zesummeschaffen an en Zesummeliewen. A kee soll d'Recht hunn, d'Leit an hir Liewensgewunnechten duerch Grenzen ze blockéieren.

Europa, dat sinn Honnerte vu gemeinsamen Aktiounen a Projeten, déi op kommunalem, lokalem a regionalem Plang ëmgesat ginn. Europa, dat si Fréndschaften a Partnerschaften, déi wäit iwwert d'Grenze vun de jeeweilege Länner erausginn. Firwat soll all dat elo beim Kampf géint d'Verbreede vun engem Virus ausser Kraaft an domadder op d'Spill gesat ginn?

Reesen ouni Grenzkontrollen. Sech sécher fillen an een deem anere vertrauen. Europäer ze sinn, bedeit zënter 75 Joer, ouni Krich kënnen ze liewen. Mat ville Fräiheeten, Garantien a Rechter. All dat baséiert op wirtschaftlecher a politescher Stabilitéit. An op der Solidaritéit ënnerteneen. Wéi dat elo zënter Joerzéngten Usus ass ënner gudden Noperen.

Europa ass awer virun allem och en Europa vun de Bierger. Onofhängeg dovunner, ob si déi eng Säit oder déi aner Säit vun de Landesgrenze liewen. Europa ass och en Europa vun de Gemengen a vun de Stied. Well et ass do, wou d'Leit doheem sinn a liewen.

Duerfir och dëse Message vun de Lëtzebuerger Gemengen a Stied zesumme mat hirem Daachverband, dem SYVICOL.

**Europa soll bleiwen, wat et ass. Eng staark Unioun!**

Déi Unioun gëtt, wéi vill aner Liewensgemeinschafte weltwäit, de Moment vun engem Virus op d'Prouf gestallt, mee duerfir brécht se elo awer net auserneen. Well duerfir sinn all déi Verbindungen ze staark an d'Solidaritéit ze grouss.

Haut op dësem 9. Mee 2020, dem Europadag, genau 70 Joer nom Robert Schuman senger Deklaratioun, halen d'Lëtzebuerger Gemengen zesumme mat hire jeeweilegen Nopeschgemengen aus Däitschland, der Belsch a Frankräich den europäesche Gedanke ganz héich.

Mat engem staarke Message a mat engem symbolesche Geste gëtt den Europafändel eropgezunn.

An och aus Stolz op eng Liewensgemeinschaft, déi esou vill ze bidden huet.

Duerfir: Fir en Europa mat oppene Grenzen. D'Bierger vum ale Kontinent kennen a wëlle keen anert Europa!

Fotoen: Ingrid van der Kley / Text: Syvicol

# Holzverkaf 2020

L'administration communale de Useldange vend du bois long au prix de 44€/m³ (hêtre et charme) et au prix de 36€/m³ (chêne).

Les lots d'environ 5m³ respectivement 10m³ peuvent contenir du bois des 3 essences énumérées ci-dessus.

La commande est à faire par écrit en utilisant le bon de commande établi par l'administration de la nature et des forêts.

La livraison du bois se fera dans les meilleurs délais possibles. La vente se fait aux clauses et conditions générales concernant les ventes dans les bois administrés.

Pour tous renseignements supplémentaires :

M. Van Rijen Mike, préposé forestier
T. 621 202 199

Die Gemeindeverwaltung Useldingen verkauft Langholz zum Preis von 44€/m³ (Buche und Hainbuche) und zum Preis von 36€/m³ (Eiche).

Langholzbestellungen werden nur schriftlich angenommen, mit dem Formular der Naturverwaltung. Die Lose von etwa 5m³ respektiv 10m³ können mitunter Holz der 3 obengenannten Baumarten beinhalten.

Die Lieferungen für Frischholz erfolgen zum bestmöglichen Termin. Der Verkauf erfolgt gemäß den gesetzlichen Bestimmungen des allgemeinen Lastenheftes betreffend den Holzverkauf in den unter Staatsaufsicht stehenden Waldungen.

Für weitere Informationen:

H. Van Rijen Mike, Förster
T. 621 202 199

**DEMANDE D'ACHAT DE BOIS DE CHAUFFAGE**

(à adresser au Triage forestier de Préizerdaul)

Madame, Monsieur ______________________________

Tél : ______________________________

Code postal ______________ Localité ______________________________

Rue ______________________________ No. ________

demande acquérir les quantités de bois suivantes :

☐ ± 5 m³ de bois long    Essence préférée : ☐ hêtre

☐ ± 10 m³ de bois long    ☐ chêne

☐ charme

Sous réserve que le lot peut contenir du bois des 3 essences

Et déclare, conformément à l'article 1ier point 4° du RG du 19 décembre 2008 modifiant le règlement grand-ducal du 21 décembre 1991 déterminant les limites et les conditions d'application des taux réduit, super-réduit et intermédiaire de la taxe sur la valeur ajoutée, que les bois seront destinés au chauffage.

Provenance du bois : Forêt communale de Useldange

Le/La soussigné(e) déclare par la présente respecter la législation en vigueur.

______________________________ , le ______________ 2020

(Signature)

Adresse postale: 43, rue de Schandel L-8707 Useldange
GSM . (+352) 621 202 199



# LE DÉTECTEUR DE FUMÉE

## est obligatoire

## depuis le 1er janvier 2020

La loi relative à l'installation obligatoire de détecteurs autonomes de fumée pour les immeubles comprenant au moins un logement a été votée par le parlement en date du 19 novembre 2019 et est entrée en vigueur le 1er janvier 2020.

Depuis cette date l'installation de détecteurs autonomes de fumée est obligatoire pour les nouvelles habitations, ceci au niveau des chemins d'évacuation et chambres à coucher. D'ici trois ans l'obligation s'étendra à l'intégralité des habitations du pays.

### QUELQUES POINTS IMPORTANTS À RELEVER



| | |
|---|---|
| Pourquoi l'installer ? | • En cas de fumée, il déclenche rapidement une alerte sonore et vous fait gagner du temps pour évacuer et appeler les pompiers au 112, surtout la nuit. |
| Quels bâtiments ? | • La loi s'applique à tous les immeubles comprenant au moins un logement |
| Quand ? | • Elle s'applique depuis le 1er janvier 2020 aux nouvelles constructions<br>• Elle s'appliquera d'ici trois ans à toutes les habitations du pays |
| Qui ? | • L'installation incombe au propriétaire ou au syndicat des copropriétaires<br>• L'entretien incombe à l'occupant du logement ou au syndicat de copropriétaires |
| Quel(s) détecteur(s) ? | • Le détecteur doit être certifié conforme à la norme harmonisée et être muni d'un marquage CE |
| Où ? | • Au niveau des chemins d'évacuation<br>• Dans chaque chambre à coucher |

Plus d'informations - www.rauchmelder.lu • Des questions ? - rauchmelder@cgdis.lu

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

CORPS GRAND-DUCAL INCENDIE & SECOURS

# PRÉVENTION CAMBRIOLAGE
MESURES MÉCANIQUES ET ÉLECTRIQUES

POLICE LËTZEBUERG

- En règle général le cambriolage dure entre 5-10 minutes.
- Le cambrioleur utilise le plus souvent un tournevis pour forcer l'ouverture d'une fenêtre.
- Vous pouvez vous protéger contre le cambriolage.



**Voici quelques conseils de la Police en matière de protection mécanique et électrique.**

## LA PROTECTION MÉCANIQUE

### LES PORTES

La Police conseille d'installer une porte d'entrée antieffraction selon la norme DIN **EN1627**, d'une classe de résistance minimale **RC 2**. Le vitrage de la porte devrait correspondre à la norme DIN **EN 356** et être équipé au minimum d'un vitrage feuilleté de la classe de résistance **P4A**.

La sécurité de la porte existante peut être augmentée par une barre transversale ou une serrure supplémentaire.

### LES FENÊTRES

Pour les constructions neuves ou les transformations, il convient d'installer au moins des fenêtres antieffraction de la classe de résistance **RC2** selon DIN **EN 1627**. Le triple vitrage ne suffit pas pour rendre l'effraction difficile si aucun vitrage de sécurité feuilleté de classe de résistance **P4A** selon DIN **EN 356** n'a été installé.

Les fenêtres existantes peuvent être renforcées par des dispositifs de sécurité supplémentaires à visser.

### LES SOUPIRAUX, GRILLAGES ET VOLETS ROULANTS

Les fenêtres de cave (ou puits de lumière) peuvent être renforcées par des panneaux de tôle d'acier stables ou fixées par des grilles.

Les barres des grilles en acier doivent avoir une épaisseur de 18 mm et être ancré à au moins 8 cm de profondeur dans la maçonnerie. L'espacement entre les barres ne doit pas dépasser 12 cm.

Les volets roulants en plastique (jalousies) sont conçus pour protéger l'habitation du soleil ou des regards indiscrets, mais ils ne représentent en aucun cas une protection efficace contre l'effraction.

Il est conseillé de les doter supplémentairement d'une fermeture stable, qui rend l'arrachage plus difficile. L'action de levage de l'extérieur peut être empêchée par des dispositifs de blocage, montés dans le tiers supérieur du rail ou dans le caisson du volet.

## LA PROTECTION ÉLECTRIQUE

### L'ÉCLAIRAGE

Les voleurs craignent la lumière. Particulièrement en automne et en hiver, lorsque les jours sont plus courts et les nuits plus longues, il est conseillé d'éclairer l'intérieur de votre maison par des minuteries électriques.

### LE SYSTÈME D'ALARME

Un système d'alarme peut être facilement installé par une entreprise professionnelle. Pour les bâtiments neufs un système d'alarme câblé peut être prévu tandis que pour les immeubles existants, un système d'alarme sans fil est normalement mis en place.

Le système d'alarme est individuellement programmable pour chaque objet et ses habitants et devrait comprendre les éléments suivants :

- centrale d'alarme avec sirène interne
- sirène extérieure sur la façade (bien visible)
- transmetteur d'alarme (module GSM)
- contacts magnétiques (fenêtre, porte, porte de garage)
- détecteur de mouvement
- détecteur de bris de verre
- détecteur de fumée

Le système d'alarme doit également être mis en marche en cas d'une courte absence. Pendant la nuit, le système peut être activé partiellement pour que vous puissiez vous déplacer librement dans votre habitation.

### CONSULTATION GRATUITE AUPRÈS DE LA POLICE

**Service national de prévention de la criminalité**

Cité Policière Grand-Duc Henri
1 A-F, rue de Trèves
L-2632 Luxembourg
(+352) 244 24 4033
prevention@police.etat.lu
www.police.lu

SERVICE

# EINBRUCHSVORBEUGUNG
MECHANISCHE UND ELEKTRISCHE MASSNAHMEN

POLICE LËTZEBUERG

- Der Einbruch dauert in der Regel nicht länger als 5-10 Minuten.
- Der Einbrecher benutzt meistens einen Schraubenzieher um ein Fenster aufzuhebeln.
- Sie können sich gegen den Einbruch schützen.



**Diese Seite enthält einige wichtige mechanische und elektrische Vorbeugungsmöglichkeiten.**

## DIE MECHANISCHE ABSICHERUNG

### DIE TÜREN

Die Polizei rät eine einbruchhemmende Eingangstür nach DIN-Norm **EN 1627** der Widerstandsklasse **RC2** mindestens zu installieren. Die Verglasung der Tür soll der DIN-Norm **EN 356** entsprechen und mit mindestens einer durchwurfhemmenden Verglasung der Widerstandsklasse **P4A** versehen sein.

Die Sicherheit der bestehenden Tür kann durch ein Querriegelschloss oder ein Zusatzschloss erhöht werden.

### DIE FENSTER

Bei Neu- oder Umbauten sollten mindestens einbruchhemmende Fenster der Widerstandsklasse **RC2** nach DIN **EN 1627** installiert werden. Eine dreifache Verglasung erschwert keinen Einbruch, wenn keine Verbundsicherheitsverglasung der Widerstandsklasse **P4A** nach DIN **EN 356** eingebaut wurde.

Bestehende Fenster können mit aufschraubbaren Zusatzsicherungen nachgerüstet werden.

### LICHTSCHÄCHTE, GITTER UND ROLLLÄDEN

Kellerfenster (oder Lichtschächte) können durch stabile Stahlblechblenden verstärkt oder durch Gitter gesichert werden.

Die Stäbe der Stahlgitter sollten 18 mm dick sein, die Abstände zwischen den Stäben sollten nicht mehr als 12 cm betragen und mindestens 8 cm tief im Mauerwerk verankert sein.

Rollläden aus Kunststoff sind meist nur als Licht- und Sichtschutz gedacht. Sie bieten keinen wirksamen Einbruchsschutz.

Allerdings erschwert ein stabiles Abschlussprofil ein Ausreißen. Hochschieben kann durch Feststellvorrichtungen, welche im oberen Drittel oder im Rollladenkasten angebracht sind, verhindert werden.

## DIE ELEKTRISCHE ABSICHERUNG

### VORBEUGEN DURCH LICHT

Diebe scheuen das Licht. Besonders im Herbst und im Winter, wo die Tage kürzer und die Nächte länger sind, empfiehlt es sich die Innenbeleuchtung Ihrer Wohnung durch elektrische Schaltuhren automatisch zu erhellen.

### DIE ALARMANLAGE

Eine Alarmanlage kann leicht nachgerüstet werden indem man von einer fachmännischen Firma eine Alarmanlage installieren lässt. Bei Neubauten kann man ein verkabeltes Alarmsystem vorsehen indes bei bestehenden Immobilien eine Funk-Alarmanlage vorgezogen wird.

Die Alarmanlage ist individuell für jedes Objekt und ihre Bewohner programmierbar und soll aus folgenden Elementen bestehen:

- Alarmzentrale mit Innensirene
- Außen-Sirene an der Fassade (gut sichtbar)
- Alarmübermittlung (GSM-Modul)
- Magnetkontakte an Fenster, Tür, Garagentor
- Bewegungsmelder
- Glasbruchmelder
- Rauchmelder

Die Alarmanlage soll auch bei kurzer Abwesenheit eingeschaltet werden. Außerdem kann das System teilweise eingeschaltet werden sodass Sie sich nachtsüber in der Wohnung frei bewegen können.

## KOSTENLOSE BERATUNG BEI DER POLIZEI

Service national de prévention de la criminalité

Cité Policière Grand-Duc Henri
1 A-F, rue de Trèves
L-2632 Luxembourg
(+352) 244 24 4033
prevention@police.etat.lu
www.police.lu

# Par ATERTDALL - Sainte CLAIRE

**Kierchen:**
Beckerich, Bettborn, Buschrodt, Colpach, Dellen, Ell, Elvange, Everlange, Grevels, Grosbous, Heispelt, Huttange, Kahlenberg, Kuborn, Lannen, Levelange, Michelbouch, Nagem, Niederpallen, Noerdange, Oberpallen, Ospern, Petit-Nobressart, Redange, Reichlange, Rindschleiden, Rippweiler, Roodt, Schandel, Schweich, Useldange, Vichten, Wahl
**Gemengen:**
Biekerech, Ell, Groussbus, Réiden, Préizerdaul, Useldeng, Vichten, Wahl


**PARSEKRETARIAT:** **Tel.: 23 62 10 53**
**CENTRE PAROISSIAL:** **Adress: 40, Grand'rue L- 8510 Redange-Attert**
E-Mail: atertdall@cathol.lu Site: https://cathol.lu/atertdall
Kontosnummer: CCRALULL LU86 0099 7801 0347 9408


## WICHTIG INFORMATIOUNEN:

**Parbüro:** De Parbüro ass zou. D'Pastoralequipe ass iwwer Telefon ze erreechen: Joke de Kroon Tel. 691 497 273 & Gérard Kieffer Tel. 46 20 23 33, béid Telefonsnummeren kommen um GSM/Handy un.

**Begriefnësser:** Bis op weideres si bei de Begriefnesser keng Masse méi. Et ass just eng kierchlech Zeremonie um Kierfecht oder an der Kierch (falls erwënscht) an dëst an der Intimité familiale. Eis Equipe des funérailles mécht hei den Encadrement. Eng Mass gët gefeiert, wann dat erem méiglech ass. Iwwer déi genau Form ass an deem Moment ze befannen.

**Nout-Telefon (Begriefnësser): den Telefon fir de Kontakt mat der Equipe des funérailles ass weiderhin all Dag erreechbar (Tel. 621 686 102).**

**Bureau paroissial:** le bureau paroissial est fermé au public. L'équipe pastorale peut être jointe par téléphone : Joke de Kroon tél. 691 497 273 et Gérard Kieffer tél. 46 20 23 33, les deux numéros arrivent au GSM).

**Enterrements:** jusqu'à nouvel ordre les **funérailles** ne seront plus célébrés avec une sainte messe. On prévoit juste une cérémonie religieuse au cimetière où à l'église (sur demande de la famille) dans l'intimité familiale. Notre équipe des funérailles s'occupera de l'encadrement. Nous célèbrerons des saintes messes dès que possible.

**Téléphone d'urgence (enterrements): le téléphone pour le contact avec l'équipe des funérailles est accessible tous les jours : tél. 621 686 102.**

**Erstkommunion und Firmung:** Die Erstkommunionfeiern und Firmungen müssen zunächst bis Ende Mai abgesagt werden. Die Festlegung neuer Termine kann erst nach dem Ende der Corona-Krise erfolgen.
**Première Communion et Confirmation :** Les célébrations de la Première Communion et des Confirmations prévues jusque fin mai doivent être annulées. De nouvelles dates ne pourront être fixées qu'après la fin de la crise du Covid-19.

**Haus-Katechese:** Mindestens bis zur Wiederaufnahme des normalen Schulbetriebs finden keine katechetischen Aktivitäten für Kinder und Jugendliche in den Pfarreien statt. Sowohl für Titularkatechet-innen als auch für Eltern steht für den digitalen Gebrauch bezüglich der Hauskatechese katechetisches Material auf der Homepage www.cate.lu zur Verfügung, das laufend aktualisiert wird.
**La catéchèse au foyer :** Au moins jusqu'à la reprise de la scolarité normale, aucune activité catéchétique pour les enfants et les jeunes n'aura lieu dans les paroisses. Pour les catéchètes titulaires et les parents, le matériel catéchétique concernant la catéchèse au foyer est disponible pour une utilisation numérique sur la page d'accueil www.cate.lu, qui est régulièrement mise à jour.

# Informatioun - aktuell Situatioun Corona

**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**
**Grupp Saint Maximilian Kolbe Groussbus**
5, rue de Bastogne / L-9155 Groussbus
Tel. : 691 20 99 62 – E-mail : Gruppechef@groussbus.lgs.lu



Mat dësem Schreiwen wëllen mir, Suite op déi aktuell Situatioun dorop opmierksam maachen, dass d'Scouten den Mënschen an Nout wëllen hëllefen.

Dësen Leit géifen mir an eisen 6 Gemengen, déi zu dem Grupp gehéieren ubidden, ënnert verschidden Virgaben déi mir hei drënner opféieren an erklären, hiren Akaf ze maachen:

- D'Scouten wäerten keng „Hamster-Keef" maachen. Mir bidden eis Déngschter un fir den normalen Akaf.
- Eis Hëllef gëllt nëmmen fir:
- › Leit an der Quarantän.
- › Eeler Leit, déi sech net méi eraus trauen.
- › Krank Leit, déi alleng net méi an d'Geschäft kommen.
- D'Scouten sinn keng Aart Ersatz-Hëllef doheem. Eisen Service ass reng geduecht fir den Leit an Nout hiren Akaf ze besuergen an heem ze bréngen.
- D'Saachen ginn akaaft, besuergt, wéi et den Fräiwëllegen méiglech ass. Et ass alleng un den Scouten, wéi d'Organisatioun ofleeft.

**Folgend Punkten sinn ze beuechten:**

- Sidd Dir an der Quarantän fënnt keen perséinlechen Kontakt mat deemjéinegen Scout statt, deen den Akaf fir Iech erleedegt. Den Ziedel mat den Saachen ass mat dem Geld an enger Täsch (Tut) virun der Dier of ze leeën. Nodeems den Akaf erleedegt ass, gëtt dësen virun Ärer Hausdier ofgeluegt.
- Weder den Scout an senger Persoun nach den Grupp kënnen verantwortlech gemaacht ginn fir eventuell Problemer vun egal wéi enger Natur. **Et ass dëst vun Säiten vun den Scouten een humanitären Gest an enger aussergewéinlecher Situatioun. Ween sech heimat net averstanen erklären kann ass gebieden, vun eisem Service Ofstand ze huelen!**

Mir bieden hei fir Verständnes – mussen awer hei och eis Memberen, déi sech engagéieren, schützen.

*Beschten Scoutsgréiss, fir d'Cheféquipe,*
*Carole Schartz Gruppechef adjoint*
*Jean-Claude Schmit, Gruppechef*

**Kontakt fir Är Bestellungen:**
**Lëtzebuerger Guiden a Scouten Groussbus**
**St. Maximilien Kolbe**
**Tel.: 691 20 99 62**
**Är Scouten bidden Iech hier Hëllef un – an deem Sënn soen mir Merci an freeën eis op een géigesäitegt Vertrauen an dorop, Iech an dësen Momenter eng kléng Stëtz kënnen un ze bidden.**

# Feierstengszalot



- 850 Gramm Randfleesch, gekacht
- 8 haart gekachten Eeër
- 250 Gramm sauer Kornischongen
- 8 Schallotten
- 3 Iessläffel Moschter
- 5 Iessläffel Esseg
- 11 Iessläffel Olivenueleg
- Péiterséileg, Bratzelen, Kierwel, Estragon, Cresson
- Salz a Peffer – Doséierung no Goût

Dat gekachtend Fleescht gëtt gewierfelt, d'Schallotte geschielt a kleng geschnidden.

D'Kornischongen a Scheiwe schneiden.

Moschter, Esseg an Olivenueleg mëschen a mat Salz a Peffer wierzen.

D'Fleesch, d'Schallotten an d'Kraider derbäiginn, gutt vermëschen a mindestens zwou Stonnen am Frigo zéie loossen.

Duerno ginn d'Ëeer geschnidden a virum Zerwéieren an d'Zalot derbäiginn.

AGENDA

Visit Guttland

> Kostenlose Teilnahme
> Das ganze Programm unter www.visitguttland.lu

# 2020 Guided Summer Tours

**Während der Sommersaison vom 20. Juli bis zum 29. August, organisiert der regionale Tourismusverband Zentrum/Westen Luxemburg in Zusammenarbeit mit den Akteuren vor Ort eine Vielfalt an geführten Besichtigungen.**

## Guttland Classics

**MONTAGS > ANSEMBOURG**

Die außergewöhnlichen Gärten von Schloss Ansembourg

10:30 - 12:00

**FR**

**DIENSTAGS > GOEBLANGE**

Salvete! Die römische Villa Miecher in Goeblange

10:00 - 11:30

**LU / DE / FR**

**MITTWOCHS > MERSCH**

Mersch City Tour

10:00 - 12:00

**LU / DE / FR**

**DONNERSTAGS > REIMBERG**

Michel Lucius Museum & Wasserturm

10:00 - 12:00

**LU / DE / FR**

**FREITAGS > HELMSANGE**

Unterirdisches Aquädukt „Raschpëtzer"

10:00 - 12:30

**LU / DE / FR / EN**

**SAMSTAGS > UEBERSYREN**

Naturreservat „Schlammwiss"

09:00 - 11:30

**LU / DE / FR / EN**

Wegen der COVID-19 Pandemie müssen die Teilnehmer sich im Voraus anmelden. Die Maximalanzahl an Teilnehmern wird der Situation zum Zeitpunkt der Besichtigung angepasst.

## Guttland for Kids

**DIENSTAGS > HAUT-MARTELANGE**

Schiefermuseum Obermartelingen D'Fliedermaartelmaus – Enigmo-Geschichte & Workshop

14:00 - 17:00

**(LU / DE - FR - LU / DE - FR - LU / DE..)**

**MITTWOCHS > BECKERICH**

Mühlenmuseum in Beckerich. Achtung es spukt!

15:00 - 16:30

**LU / FR**

**DONNERSTAGS > NOSPELT**

Keramikmuseum Nospelt. Die mit dem Vogel!

15:00 - 16:30

**LU / DE / FR**

**FREITAGS > HAUT-MARTELANGE**

Schiefermuseum Obermartelingen 1x Schiefer für die ganze Familie

15:00 - 17:00

**(LU / DE - FR - LU / DE - FR - ..)**




## Guttland by Night

**MONTAGS > RINDSCHLEIDEN**

Eine musikalische luxemburgische Zeitreise bei Kerzenlicht im ländlichen Museum «Thillenvogtei»

20:00 - 21:30

**LU**

**MITTWOCHS > HIVANGE**

Wasserreservoir auf dem „Rebierg" bei Sonnenuntergang

19:00 - 21:00

**LU / FR**

**DONNERSTAGS > USELDANGE**

Entdeckung des didaktischen Rundwegs um die Burg Useldingen

20:00 - 21:30

**Wöchentlicher Sprachwechsel**

## Guttland Specials

**> IMMER FREITAGS**

**GOEBLINGEN** - Fackelwanderung zur römischen Villa

24.07.2020 > 20:30 - 22:30

**LU / DE / FR**

**BECKERICH** - Wanderung mit Nicolas Schweicher*

31.07.2020 > 22:00 - 00:00

**LU**

**USELDINGEN** - Mit Laternen in die Geschichte der Useldinger Burg eintauchen

07.08.2020 > 21:00 - 23:30

**LU**

**KEHLEN** - Eine Reise in die Vergangenheit mit Joël Adam

14.08.2020 > 20:30 - 22:30

**LU**

**KEHLEN** - Super Schnappsidee! Besuch der Brennerei

21.08.2020 > 20:30 - 22:30

**LU**

**MERSCH** - Städtchen der Legenden

28.08.2020 > 20:00 - 22:00

**LU**

* Mit Anmeldung bis zum 24.07.2020: Tel. +352691 510 370 / 371 | info@dmillen.lu

Für weitere Informationen zur Region, bitte kontaktieren Sie uns:

OFFICE RÉGIONAL DU TOURISME CENTRE / OUEST LUXEMBOURG
B.P. 150 / L-7502 Mersch / Tel. +352 28 22 78 62 / info@visitguttland.lu / www.visitguttland.lu






## Manifestatiounskalenner : Juni-September

Aus aktuellem Ulass d.h. op Grond vun der Corona-Pandemie war et eis zum Zaitpunkt vum Redaktiounschluss net méiglech en aktuelle Manifestatiounskalenner zesummen ze stellen.

Doropshi verzichte mer op dëser Platz den Agenda ze publizéieren. Mir waerten daat an der nächster Editioun nohuelen. Merci fir ärt Versteesdemech.

*D'Redaktioun vum Ripevusch*

WWW.USELDENG.LU

GEMENG
USELDENG

**ADMINISTRATION COMMUNALE D'USELDANGE**
**2, RUE DE L'EGLISE**
**L-8706 USELDANGE**
**T. 23 63 00 51-1**

Ouverture des bureaux de l'administration communale d'Useldange

**Secrétariat** M. Pit Lang
Sur rendez-vous

**Bureau de la population** M. Tom Lehnert
Lundi : 08h00 – 12h00
Mardi : 13h00 – 19h00
Mercredi/Jeudi/Vendredi : 08h00 – 12h00

**Service technique** M. Marc Ferber, M. Denelle Luca
Sur rendez-vous

**Recette** Mme Tessy Ferber-Anen
Sur rendez-vous

**Redacteur** M. Bob Waltzing
Sur rendez-vous